

Motion 3 modifiée

La Chambre des Députés,

Au vu des chiffres-clef décrivant l'évolution économique du Luxembourg qui ont été publiés au cours du dernier trimestre de 2002, «qui renseignent une quasi-stagnation de notre économie en 2002, ainsi qu'une croissance minime pour 2003»;

Considérant que ces nouvelles données, en combinaison avec les estimations de recettes nouvelles effectuées par les administrations fiscales, ont eu un impact sur la finalisation du projet de budget des recettes et des dépenses de l'Etat pour 2003, «dans la mesure où les prévisions de recettes pour l'exercice 2003 ont dû être revues à la baisse par rapport au projet initial»;

Considérant qu'indépendamment des statistiques et prévisions, la situation économique actuelle nécessite une gestion extrêmement prudente et rigoureuse des deniers publics ;

Invite le Gouvernement

À veiller à une exécution prudente et rigoureuse du budget des recettes et des dépenses de l'Etat de 2003;

À surveiller de près l'évolution des recettes fiscales et des dépenses budgétaires et à en informer trimestriellement la Chambre des Députés.

Vote

Deen derfir ass, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

Ech stelle fest, dass d'Motioun eestëmmeg ugeholl ass.

Dir Dammen an Dir Hären, domadder wiere mer um Enn vun der Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung ass muer a fänkt um 9 Auer un. D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 19.33 heures)

MERCREDI, 18 DÉCEMBRE 200219<sup>E</sup> SÉANCEPrésidence: M. Jean Spautz, PrésidentM. Jean Asselborn, Vice-Président

Ordre du jour

1. Communication
2. Ordre du jour
3. 5053 - Projet de loi modifiant l'article 14 de la loi modifiée du 12 mars 1973 portant réforme du salaire social minimum
- 4995 - Proposition de loi de M. Lucien Lux portant modification de la loi modifiée du 12 mars 1973 portant réforme du salaire social minimum
- (Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)
4. 4694 - Projet de loi portant
1. transposition de la directive 96/71/CE du Parlement européen et du Conseil du 16 décembre 1996 concernant le détachement de travailleurs effectué dans le cadre d'une prestation de services;
2. réglementation du contrôle de l'application du droit du travail
- (Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Henri Grethen et François Biltgen, Ministres.

(Début de la séance publique à 9.02 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Ech hunn e puer Kommunikatiounen ze maachen:

1. Communication

A la demande du Ministre du Travail et de l'Emploi, M. François Biltgen, Ministre aux Relations avec le Parlement a déposé au Greffe de la Chambre des Députés, en date du 17 décembre 2002, le

- *Projet de règlement grand-ducal N° 5071 autorisant le Gouvernement à mettre en œuvre des travaux extraordinaires d'intérêt général au cours de l'année 2003.*

2. Ordre du jour

Wat d'Reiefolleg vun de Projeten ubelaangt, déi haut op eisem Ordre du jour stinn, wëll ech lech matdeelen, dass d'Projets de loi 4917, 4926 a 4923 iwwer d'Alters- a Fleegeheemer zu Mamer, Dikrech a Betzdorf aus organisatoresche Grënn haut de Mëtten um halwer dräi drukommen.

Mir kommen zur Diskussioun vum Projet de loi 5053 zesumme mat der Proposition de loi 4995 vum Här Lucien Lux iwwert de Mindestloun. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluegt. Et si schonn ageschriwwen: déi Häre Loes, Bettendorf, Jaerling, Bausch an Urbany. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Marcel Glesener.

3. 5053 - Projet de loi modifiant l'article 14 de la loi modifiée du 12 mars 1973 portant réforme du salaire social minimum

4995 - Proposition de loi de M. Lucien Lux portant modification de la loi modifiée du 12 mars 1973 portant réforme du salaire social minimum

Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi

M. Marcel Glesener (CSV), rapporteur.- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, déi lescht Upassung vun de Mindestlëin un d'Lounentwécklung ass den 1. Januar 2001 erfollegt. D'Bemessungsgrundlag waren d'Lëin aus de Joren 1998 an 1999. Deen Ajustement war 3,1%. Profitéiert vun dësem Ajustement hate 35.705 Persounen. Dovu waren 18.465 Männer a 17.140 Fraen. Esou wéi beim Ajustement virdru waren och dës Kéier méi Männer wéi Fraen, déi vum Mindestloun ofhängeg sinn.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, d'Gesetz gesäit vir, dass all zwee Joer d'Regierung dem Parlament dee Bericht iwwert d'Lounentwécklung am öffentleche wéi am private Sektor virleeë muss. Déi Entwécklung vun de Lëin gëtt no enger festgesater Method gerechent. Si ass festgeluegt duerch d'Gesetz vum 24. Abrëll 1994, an ass erwidert ginn duerch d'Gesetz vum 23. Dezember 1994. Deen éischten Ajustement no der neier Methodologie ass den 1. Januar 1995 a Kraaft getrueden.

Geprüft gëtt ebenfalls déi wirtschaftlech Entwécklung an déi wirtschaftlech Capacitéit zu Lëtzebuerg. Op Grond vun dësen Analyse kann d'Regierung dem Parlament virschloen, d'Mindestlëin un déi errechent Lounentwécklung unzepassen oder och net.

Dëse Bericht ass dem Parlament den 8. November 2002 mat engem Projet de loi virgeluegt ginn. Bemessungsgrundlag waren d'Joren 2000 an 2001. Während dëse Jore sinn d'Lëin hei zu Lëtzebuerg ëm 3,5% an d'Luucht gaangen. D'wirtschaftlech Capacitéit zu Lëtzebuerg erlaabt et ouni Weideres, esou seet och de Projet vun der Regierung, dass d'Mindestlëin och ëm 3,5% erhéicht kënne ginn. Dem zur Folleg proposéiert d'Regierung een Ajustement vun de Mindestlëin ëm 3,5%, an dat ab dem 1. Januar 2003.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, déi zoustänneg Parlamentskommissioun huet den 21. November vun dësem Joer hire President als Rapporteur genannt, an hat eng éischt Berodung iwwert de Gesetzesprojet. De Statsrot huet säin Avis den 10. Dezember 2002 ofginn. Dësen Avis beinhalt keng fundamental Bedenken. Aus dem Avis wëll ech ledeglech zwou Bemierkungen zitëieren: Éischtens, d'Erhéijung vum Mindestloun wäert, ausser den Horescasector, wéineg Auswierkungen op eis Wirtschaft hunn. Dat stellt de Statsrot och fest. Zweetens, mat Bezuch op d'Proposition de loi Lucien Lux, mengt de Statsrot, ausser dem Ajustement vun 3,5%, keng zousätzlech Erhéijung ze stëmmen. Sou wäit den Avis vum Statsrot.

De Statsrot bemierkt awer och, dass him bei senge Berodungen nach keen Avis vun iergendenger Berufschamber virlong. Leider hat och eis Kommissioun bei hirer Berodung vun dësem Rapport, och keen Avis vun enger Berufschamber virleien. Et ass natierlech bedauerlech, well mat Sécherheet wär deen een oder aneren Aspekt vun de Berufschambere mat an d'Diskussioun agefloss, an hätt mat Sécherheet dozou bäigedroen, dass den Iwwerleeunge vun deene Leit, déi fir dee Sektor zoustänneg sinn, Gewerkschaften a Patronatsverrieder, an eiser Kommissioun Rechnung gedroe gi wär. Mir hunn dat bedauert a riichten een Appel un d'Regierung, dofir ze suergen, dass an Zukunft de Projet de loi méi fréi op den Instanzewee bruecht gëtt.

Iwwregens hu mir scho virun zwee Joer déiselwecht Bemierkunge gemaach. Et ass awer net d'Schold vun der Regierung, mä de Problem läit an der Prozedur, well d'Regierung kann dee Projet jo eréischt déposéieren, wa se de Rapport vun der IGSS huet. Nun, wann d'Regierung awer spéit, um Enn vun dësem Joer dee Rapport kritt huet, da ka se net méi fréi e Projet

de loi op den Instanzewee ginn. Dat huet dann och zur Folleg, dass d'Berufschamberen esou wéi se funktionnéieren, net à même sinn, e Rapport ofzeginn. Dofir ass et natierlech fir déi Kommissioun, déi een objektive Rapport soll maachen a Berodunge féieren, och net einfach, wa se net weess, wat d'Berufschambere soen.

Mir hunn awer gëschter ausgedeelt kritt den Avis commun vun der Chambre de Commerce a vun der Chambre des Métiers. Esou wéi all déi aner Rapporte konnt dann och deen heiten net schrëftlech a mengem Rapport berücksichtegt ginn. Ech wëll awer dräi fundamental Bemierkungen erauspicken.

Wat steet am Avis vun der Chambre de Commerce an der Chambre des Métiers? Éischtens soe se: keen Ajustement. Zweetens soe se, de Mindestloun ass eng Moossnam, déi net méi noutwendeg hei zu Lëtzebuerg ass. Wann een Ajustement soll geschéien, da muss en net an deem volle Betrag sinn, wéi d'Lounentwécklung et virgesäit. Weiderhi soe se, dass et och net ubruecht wär, fir d'Mindestlëin all zwee Joer un d'Lounentwécklung unzepassen. Prinzipiell soe se: Keng Erhéijung vum Mindestloun, virun allem elo net an där wirtschaftlech onsécherer Zäit an där mir eis befannen.

Dann ass awer eng Ausso an deem Avis, déi mir mat Sécherheet méi konkret an eiser Kommissioun diskutéiert hätten, an déi mech awer e bësse stéiert. An zwar soen déi zwou Berufschamberen, dass déi Leit, déi de Mindestloun bezéien, u sech Leit sinn, déi net qualifizéiert sinn, a well se net qualifizéiert sinn, hu se wéineg Afloss op d'Produktivitéit hei zu Lëtzebuerg, an dofir wär et och net ubruecht, déi Lëin unzepassen.

Dat fannen ech e staarkt Stéck, well et muss een awer wëssen, dass dee gréissten Deel vun de Mindestlounbezéier qualifizéiert Leit sinn. Dat si Leit, déi eng Berufsausbildung hanneru sech hunn, eng Geselleprüfung gemaach hunn, eng Berufsausbildung, op déi mir esou vill halen. A wa mir soen, dass dat keng qualifizéiert Leit sinn, jo da muss ee sech Froe stellen iwwert den Inhalt vun eiser Berufsausbildung. Iwwer eis Berufsausbildung ass awer net eleng d'Madame Basseur als Erzéiungsministesch zoustänneg, mä fir den Inhalt vun der Berufsausbildung sinn eis Patronatsberufschamberen zoustänneg. Dofir fanne ech et schonn e staarkt Stéck, wann déi Leit, déi zoustänneg si fir d'Berufsausbildung, soen, dass d'Leit, déi de Mindestloun kréien, net qualifizéiert sinn, wou gewosst ass, dass vläicht de gréissten Deel vun de Mindestlounbezéier just qualifizéiert Leit sinn.

Da soen déi zwou Berufschamberen, dass si et net richtig fannen, dass mir eng Beitragsdecken hu fir d'Cotisioune vun de Sozial- a vun de Pensiounsversécherungssystemer, déi op dem Mindestloun baséiert a multipléiert gëtt mat engem bestëmmte Betrag. Et ass fënnemol de Mindestloun. Do ver-

stinn ech awer elo d'Welt net. Wat ass dann d'Alternativ zu enger Beitragsdecken? Eventuell keng Beitragsdecken. Wat heescht dat? Also och kee Plaffong méi bei de Leeschtunge vun de Pensiounen? Ech hunn näischt dergéint. A wa mir dogéint sinn, fir dee Plaffong bäizebehalen, fënnemol de Mindestloun, da mussen mir awer wëssen, dass doduerch d'Cotisiounen an d'Luucht ginn, an dat eng weider Belaaschtung just fir d'Entreprisë bedeit, déi ëmmer erm, an elo och net midd ginn, och net bei deem Rapport, deen den Niki Bettendorf eis muer hei wäert presentéieren, fir drop hinzeweisen, dass d'Belaaschtung ëmmer méi grouss gëtt, an dass se der Meenung sinn, dass misst déi Bestëmmung vum Rentendësch annulléiert ginn. Notamment si se och dergéint, dass iwwerhaupt een Ajustement fir d'Pensioune soll erfollegen.

Also do fannen ech séier wéineg Kohärenz. Et deet mer Leed, Kolleeginnen a Kolleegen, dass mer net d'Geleeënheet hatten, fir méi am Detail an eiser Kommissioun dorop anzegoen. Dat hätt mat Sécherheet zu interessanten Diskussiounen gefouert. Mä ech war mer dat als Rapporteur awer schëlleg, de Kolleegen hei an der Chamber matzedeelen, wat an deem schrëftlechen Avis vun de Patronatschamberen drasteet.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, selbstverständlech hu mer eis am Detail mat enger Rei vu Froen an der Kommissioun ausenaner gesat. An eng Fro war: Ass et ze veräntwerten, grad elo wou d'wirtschaftlech Prognosen net brillant sinn, de Mindestloun ze héijen? Wellech Auswierkungen huet d'Erhéijung vum Mindestloun op d'Compétitivitéit vun eise Betriber? Wat ass de Käschtepunkt vun dëser Upassung?

Op all déi Froe fannt Der eng Äntwert am Exposé des motifs vum Här Biltgen sengem Projet. An Dir fannt et och am Detail a mengem schrëftleche Rapport. Erlaabt mer awer ganz kuerz heizou e puer Bemierkungen. Eng Etüd vum Statoc beweist, datt d'Upassung vun de Mindestlëin, wa se all zwee Joer virgeholl gëtt an d'Lounentwécklung sech net iwwert der Produktivitéit beweegt, den Ajustement vun de Mindestlëin wirtschaftlech duerchaus onproblematesch ass, keen Ofbau vun Aarbechtsplazen zur Folleg huet an d'Lounentwécklung net no uewen dreift. Et ass dat schonn eng séier wichteg Feststellung, well déi doten Aussoen hunn Ulass ginn, fir ze argumentéieren, fir keen Ajustement virzehuelen, och hei an der Chamber. Den Ajustement vun 3,5% huet eng Erhéijung vun der Lounmasse vun nëmmen 0,21% zur Folleg. 0,21%, dat ass äusserst minim. Den Ajustement vun 3,5% bedeit fir d'Gesamtheit vun eise Betriber ee Käschtepunkt vun 2 Milliounen Euro pro Joer. Deem géintiwier awer, an dat ass och interessant mol eng Kéier ze kucken, steigen d'Ausgabe vum Fonds de l'Emploi ëm 1,5 Milliounen Euro.



Här President, Kolleeinnen a Kolleeen, opgrond vun all deene Feststellungen an Iwwerleeunge koom eis Kommissioun eestëm-meg zur Schlussfolgerung, datt et keen Argument gëtt fir de Mindestloun net ëm 3,5% ze erhéijen. Zousätzlech sief awer nach gesot, datt just an Zäite vun null wirtschaftlech Wuesstum et net schuet, wann de Konsum ugekuerebelt gëtt. D'Erhéijung vum Mindestloun geet mat Sécherheet an déi Richtung.

Esou wéi d'Regierung, an dat getrei enger Motioun vum 21. Dezember 2000, déi de Kolleeg Lucien Lux hei presentéiert huet, huet eis Kommissioun sech och mat der Proposition de loi Lucien Lux beschäftegt. Als Rapporteur vun der Kommissioun wollt ech soen, datt mer ganz objektiv an der Kommissioun déi Proposition de loi analyséiert hunn. Ech well dann och e puer Aspekter vun där Diskussioun a mengem mëndleche Rapport hei erläuteren.

U sech huet de Lucien Lux, am Numm vu senger Fraktioun, bei deenen zwee leschte Mindestlounajustementen zweemol eng Proposition de loi gemaach. An zwar beim leschten Ajustement vum 1. Januar 2001 huet de Kolleeg Lux proposéiert, een zousätzlechen Ajustement ee Joer méi spët, den 1. Januar 2002, vun 3,5% ze beschléissen, an dat opgrond vun de steierlechen Erliichterungen, vun deenen d'Betriber an och d'Salariséé profitéiert hunn a laut dem Här Lucien Lux d'Mindestlounbezéier net. Elo op den Ajustement vum 1. Januar 2003 proposéiert de Lucien Lux net nëmmen de Mindestloun ëm déi 3,5% ze héijen, mä fir den Ajustement op 7% unzehiewen. An d'Argument waren d'Steierreforme vun 2001 an 2002. Ech sinn iwwerzeugt, den Här Lux wäert nach op seng Proposition de loi agoen an och mat Sécherheet d'Onverständnis vun der Majoritéit brandmarken, déi him Onrecht ginn hu mat sengen Iwwerleeungen.

Nun, getrei där Motioun, déi mer hei gestëmmt hunn, huet d'Regierung sech dat einfach gemaach a si huet ënnersicht an analyséiert, wéi wäit datt d'steierlech Begëschtegung vun deene leschten zwee Joer keng Auswierkung op d'Mindestléin sollten hunn, an ob et ubruecht wier, fir opgrond vun de steierlechen Erliichterungen elo een zousätzlechen Ajustement, respektiv een dueblen Ajustement als Kompensatioun ze beschléissen. D'Regierung huet dat détailléiert analyséiert an déi Argumentatiounen, déi ugefouert ginn, widderluegt. Mir hunn dat och am Rapport vun eiser Kommissioun zu engem Deel festgehalen.

Mir sinn dann och zur Konklusioun an der Kommissioun komm, majoritär, datt et net ubruecht wär, opgrond vun de steierlechen Erliichterungen, elo och de Mindestloun just an dësen Zäiten, wou d'Wirtschaft effektiv Problemer huet, ëm dat duebelt ze héijen. Iwwregens, ganz kloer geet draus ervir, datt op de leschte steierleche Vergëschtegungen d'Mindestlounbezéier, déi der Steier ënnerstinn, och steierlech Vergëschtegunge kritt hunn. Am Rapport gesitt Dir, wéi wäit den Nettomindestloun geklomm ass, opgrond vun de steierlechen Erliichterungen vun 2001 an 2002. Et ass also net korrekt wann ee seet, datt d'Mindestlounbezéier vun de steierlechen Erliichterungen net profitéiert hunn. Wou keng steierlech Erliichterunge komm si fir d'Mindestlounbezéier, dat sinn déi, déi an de Klassen 2.1, 2.2 an esou weider sinn. Déi bezuele keng Steieren, och net no den Erhéijunge vum Mindestloun. Déi kënnen och keng Steiererliichterunge kréien.

Dat ass also een Argument, datt d'Regierung seet, datt et net ubruecht wier, fir opgrond vun der Steierpolitik an de Steiererliichterungen elo d'Mindestléin anescht ze ajustéieren, wéi déi allgemeng Lounentwécklung et festleet a wéi

wäit och eis Philosophie vun eiser Ajustementspolitik dat definéiert. Et gëtt och gesot, datt mer den 1. Abrëll 1991, opgrond vu steierleche Verbesserungen, just dat benotzt hätte fir d'Mindestléin ëm 7,5% ze héijen. Ech hunn deen Débat nach eng kéier verfollegt, dee mer hei an der Chamber gefouert hunn. Et war ganz spannend a ganz interessant, wat deemools gesot ginn ass. Deemools ass festgehalen ginn, datt vun 1986 u permanent gefrot a gefuerdert ginn ass, datt mer d'Méthodologie fir d'Bemoosse vun der Lounentwécklung méi korrekt, méi konkret a méi richtig misste gestalten. Dat ass och geschitt, an et ass festgestallt ginn, nodeem zwee Joer virun 1991 - 1989 also - de Mindestloun ëm 3,5% gehuewe ginn ass, a gesot ginn: Dat ass eng Avance op den Nachholbedarf, dee mer musen nohuelen, mä deen an deem Moment nach net korrekt virlooch. Opgrond vun enger neier Bemessungsgrundlag ass festgestallt ginn, datt vun 1986 un een Nachholbedarf vu 7,5% bestanen huet.

D'Regierung hat de Choix dem Parlament ze proposéieren, éisch-tens deen Nachholbedarf ëm 7,5% global ze realiséieren, oder an Etappen ze realiséieren. A subsidiäresch, fir ze argumentéieren, datt et gutt a richtig wier, an eng kéier deen Nachholbedarf nozehuelen, ze realiséieren, ass och gesot ginn: D'Steierreform vun 1991 ass een zousätzlecht Argument, fir just elo déi 7,5% Nachholbedarf duerchezéien a Form vun enger Erhéijung vum Mindestloun. Dat huet hei an der Chamber zu schwéieren Diskussiounen Ulass ginn. Ech hunn dat nach eng kéier, wéi ech gesot hunn, hei nogelies, an déi Proposition vun der Regierung, déi an der Kommissioun majoritär awer ugeholl ginn ass, ass net op Unanimitéit hei an der Chamber gestouss. Et waren notabel Verrieder vun der deemoleger Opposition, déi deemools net domat d'accord waren. Déi eng hu gemengt, d'ganz Landwirtschaft géif zesummebréchen, well 7,5% net ze verkrafft wier. Anerer hu gemengt, datt déi kleng Betriber dat net kënnte verkraften, déi géifen a Faillité goen, Aarbechtskräfte géifen entlooss ginn an esou weider an esou fort. Si hu sech deemools enthalen. Dat war séier interessant a séier spannend. Dat kann ee jo noliesen.

Ech wollt dat nach eng kéier soen, well mat Sécherheet och den Här Lucien Lux wäert argumentéieren, dass mer 1991 op Grond vun de Steiererliichterunge 7,5% Mindestlounerhéijung hei gestëmmt hunn an elo net méi bereet wieren, datselwecht ze maachen. Ech wëll also objektiv beweisen, dass déi 7,5% Erhéijungen, den 1. Abrëll 1991, net d'Folleg ware vu Steiererliichterungen, mä eenzeg an eleng d'Folleg ware vun engem festgestallten Nachholbedarf vun de Mindestléin op Grond vun der Lounentwécklung vun iwwer zéng Joer virdrun.

■ Une voix.- ...am Exposé des motifs?

■ M. Marcel Glesener (CSV), rapporteur.- Dat steet awer och esou dran.

**(Interruption)**

Neen, Här Rippinger, mir hunn dat an der Kommissioun diskutéiert am Rumm vun der Proposition de loi Lucien Lux.

Ech wëll awer nach zwou Saache soen, och op Grond vun den Diskussiounen, déi mer an der Kommissioun gefouert hunn, datt virun allem no der Tripartite eng zousätzlech Erhéijung vun de Mindestléin iwwert déi 3,5% keen Thema méi war, mat Ausnahm vum Patronat, dat dergéint ass, dass mer de Mindestloun ëm 3,5% héijen, mä fir d'Gewerkschaften an der Tripartite war dat keen Thema méi, fir vehement dofir anzetrieden, dass mer iwwert déi 3,5% aus steierleche Grënn géifen erausgoen.

Ech zitieren do de President vum OGB-L, mä gudde Kolleeg John Castegnaro, deen dëse Mount am Leitartikel vun enger Zeitung schreift: „Die Beschlüsse des Rententisches werden nicht angetastet.“ An elo kënnt et: „Mindestlohn-erhöhung und Rentenajustement von 3,5% werden ab 1. Januar 2003 bezahlt. Dies auch als Bestandteil einer gerechten Umverteilungspolitik zu Gunsten jener, die bei den massiven Steuererleichterungen der Jahre 2001 und 2002 leer ausgingen.“ De John Castegnaro stellt fest - an ech fannen dat och richtig, dass hien dat feststellt -, dass u sech déi 3,5% ënner anere schon eng Kompensatioun sinn a berechtigt sinn op Grond vun de steierlechen Erliichterungen, déi 2001 an 2002 duerchgezu gi sinn.

Dat ass also e weidert Argument, fir d'Proposition de loi Lucien Lux net ze akzeptéieren. Et war dann och d'Majoritéit vun eise Kommissiounskolleeinnen a -kolleeen, déi der Meenung war, dass déi Proposition de loi Lucien Lux ofzelehne wier.

■ M. Ben Fayot (LSAP).- Dat ass Kasuistik dat do.

■ M. Marcel Glesener (CSV), rapporteur.- Virdru waart Dir be-geschtert, wéi ech dat anert gesot hunn. Elo sidd Dir schon net méi esou begeeschtert.

**(Interruption)**

■ Une voix.- Här President, wat hunn déi aner Gewerkschaften gesot?

■ M. Marcel Glesener (CSV), rapporteur.- Ech hunn do weider näischt méi gehéiert.

Här President, Kolleeinnen a Kolleeen, vun dëser Erhéijung vun de Mindestléin profitéiere 37.020 Persounen. Et sinn dat 19.160 Männer a 17.860 Fraen. Zesumme sinn dat an absoluten Zuelen 1.315 Leit méi wéi beim leschten Ajustement. 60% vun deene Leit, Ajustementbezéier, wunnen an eisem Land. Ronn 40% si Grenzgänger. 43% schaffen an de Secteuren Handel a Restauratioun. 26%, dat sinn der vill, schaffen an der Industrie, am Bau an an der Konstruktioun. Déi lescht Zuel ass schonn erstaunlech, well jo an dëse Secteure Kollektivverträge bestinn. Trotz allem schaffen an deene Secteure 26% vun de Mindestlounbezéier.

D'Erhéijung vum Mindestloun huet net nëmmen Auswierkungen op déi, déi mussen d'Mindestléin bezuelen, dat sinn eis Betriber, mä déi huet och Auswierkungen op d'Héicht vun der Aarbechtslosenënnerstëtzung, op d'Héicht vun der Studentenaarbecht, op d'Héicht vun den Entschiedegungen am Rumm vum PAN-Gesetz, op d'Héicht vun der Maximalpensioun, op d'Beitragshéicht vun de Sozialversécherungen, op de Beitrag vun der Fleegeversécherung an esou weider.

De Mindestloun ab 1. Januar 2003 ass 1.368,94 Euro, ausgedréckt an eisen ale Frange mécht dat 55.114. Dat ass e Plus vu 46,27 Euro (1.866 al Frangen). De qualifizéierte Mindestloun bedréit vum 1. Januar 2003 un 1.642,49 Euro (66.257 al Frangen). Dat ass e Plus vu 55,53 Euro (2.240 Frang).

Här President, Kolleeinnen a Kolleeen, dat war dat, wat ech mengem schrëftleche Bericht wollt bäifügen. Ech soen alle Kolleeen, déi an der Kommissioun konstruktiv matgeschafft hunn, merci. Merci och un d'Verrieder vun der Regierung an un d'Address vu menge Mataarbechter an dem Sekretariat vun der Chamber, déi et fäerdeg bruecht hunn, trotzdem mer ganz staark am Drock sinn um Enn vun dësem Joer, rechtzäiteg d'Rappor-

ten an d'Dokumente weider ze verschécken.

D'Kommissioun huet ouni Géigestëmm dee virleiende Bericht den 12. Dezember 2002 ugeholl. Am Numm vun der Kommissioun bidden ech d'Chamber dee virleiende Projet ze stëmmen, dee fir 37.020 Leit eng verdéngten a wëllkomme Verbesserung vun hirer Pai bedeit. Ech soen lech merci.

■ M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Lucien Lux, als Auteur vun der Proposition de loi an als Orateur mandaté vu senger Partei. Den Här Lux huet d'Wuert.

■ M. Lucien Lux (LSAP), auteur.- Merci. Här President, léif Kolleeinnen a Kolleeen, de Rapporteur huet zu Recht drop opmierksam gemaach, dass mer den 21. Dezember 2000 anlässlech vun der leschter Upassung vum Mindestloun an dëser Chamber eestëm-meg eng Motioun gestëmmt haten, déi folgend Opfuerderung un d'Regierung enthalen huet: „à réexaminer les éléments contenus dans la proposition de loi dans le cadre de la réforme fiscale de l'année 2002 conformément aux souhaits exprimés par la commission parlementaire“. An deem Saz läit schonn ee Widdersproch zu deem, wat de Rapporteur elo grad gesot huet, nämlech de Fait, dass et keng Relatioun gi sollt, senger Meenung no, tëschent der Upassung vum Mindestloun an de Steiererliichterungen.

D'Chamber war deemools eestëm-meg der Meenung, dass ebe just am Kader vun de Steiererliichterungen an anlässlech dëser Mindestlounupassung sollt analyséiert ginn, awéiwäit all déi Leit, all déi Familljen, déi vun de Steiererliichterungen net géife profitéieren, iwwert de Mindestloun eng Kompensatioun oder eng Bedeelegung un de Friichte vum Wuesstum an der gudder finanzieller Situatioun vum Land kéinte kréien.

Déi Proposition de loi vun deemools huet also schonn eng extraordinär Augmentatioun virgesinn. Et war e bëssen, därft ech soen, eng Äntwert vum schlechte Gewëssen, fir déi Motioun hei ze stëmmen par rapport zu der Oflehnung vun der deemoleger Proposition, de Mindestloun, esou wéi de Rapporteur elo grad gesot huet, iwwert déi Upassung vun deemools 3,1% an d'Luucht ze setzen.

D'LSAP hat déi Motioun natierlech net vergiess, iwwregens och net d'Regierung. An ech wëilt hei scho soen, dass d'Regierung déi Motioun eescht geholl huet a sech an hiren Texter, an hirem Exposé des motifs an an hirem Rapport eingehend mat den Argumenter befaasst huet. Och wa se zu enger anerer Konklusioun kënnt wéi mir, ass dat awer positiv zrëckzebehalen. Mir hunn dofir de 16. Juli 2002, wéi scho gesot, eng nei Proposition de loi erbruecht, déi nieft deenen 3,5% Upassung un d'Lounentwécklung vun de Joren 2000 an 2001 eng extraordinär vun 3,5% virgesäit.

Ech wëll net méi laang komentéieren awéiwäit mer effektiv d'Décisioun an der Kommissioun hu missen huelen, ouni vun iergendenger Chambre professionnelle en Avis virleien ze hunn, well effektiv de Rapport vun der IGSS méi spët komm ass. Ech wëll och hei nach eng kéier soen, dass wann een am Juli d'Proposition de loi vun der LSAP gekuckt hätt, do stoungen déi 3,5% Retard un d'Lounentwécklung vun deenen zwee Joer bis hannert de Komma genau dran. Et hätt een also do scho kënnen, wann een deen...

**(Interruption)**

Jo, ech wëll just soen, dass de Retard vum Joer 2000 du scho festlouch, an dass déi Zuelen, déi mir kritt hunn, schonn am Juli effektiv drop higewisen hunn, dass et op 3,5% géif erausgoen. Dass et da muss dauere bis Enn November, an da ruppperdupp, esou wéi

dat jo dës kéier gaangen ass, ass net onbedéngt gutt, well et wär schonn interessant gewiescht, all Avise virleien ze hunn, ier mer an der Kommissioun wierklech géifen ofgeschloss hätten.

D'LSAP huet also hir Meenung par rapport zum Joer 2000 an dem Fait, dass eng extraordinär Augmentatioun noutwendeg wär, net geännert, an dat aus e puer Grënn:

Eischstens, well déi 3,5% normal Upassung un déi zwee Joren, déi ech genannt hunn, jo a Wierklechkeet vu kengem heibanne contestéiert ginn. Ech hunn am politesche Raum keen héieren, deen dat contestéiert huet. An esouguer wëll ech hei soen, dat kënnt net oft vir, dass ech mech zum Verteideger maache vum Wirtschaftsminister Grethen. Dee Virwurf, deen him gemaach ginn ass, dass en a senger Foesried d'Mindestlounerhéijung a Fro gestallt huet, mengen ech, war net richtig. Wann een e richtig gelies huet, an et wollt een e richtig liesen, dann huet een do scho gemengt, déi extraordinär Augmentatioun wär net beträff.

Ech mengen, dat muss ee soen. Ech mengen, dass dat net richtig war, him virzeweeren, dass se do scho wollten déi gesamt Augmentatioun a Fro stellen. Ech mengen, am politesche Raum - loosse mir dat festhalen - gouf et kee Widder-sproch drun, dass mir dat sollte maachen.

Ech denken och dass et heibannen ëmmer manner - hat ech an deene leschte Joren d'Gefill - e Widder-sproch gëtt zu der sozialer a gesellschaftlecher Bedeitung vum Mindestloun, an - heiansdo erlieft ee jo nach Wonner an esou Diskussiounen -, och souguer bei enger Institution wéi der OECD, déi während Joren och Analysen a Studie publizéiert huet, an a Fro gestallt huet, dass de Mindestloun e Frein wär zu dem Plein emploi, zum Beispill e Frein wär zur Schafung vu méi Aarbechtsplazen, an elo virun der grousser Vakanz eng nei Studie rausginn huet, wou se am Contraire seet, dass de Mindestloun, an och en héije Mindestloun, en Effet stabilisateur op d'Leit huet, dass en d'Leit dozou bréngt, fir ze versichen an den Aarbechtsmaart eran ze kommen amplaz sech vun der Sozialhëllef erhalen ze loosser. Ech mengen och, an deem Sënn gëtt et ëmmer manner Bedenken dozou.

An drëttens si mir der Meenung, dass déi aussergewéinlech Erhéijung vu weideren 3,5% richtig ass. Well schonn eleng de Fait - an ech mengen, Här Aarbechtsminister, do musse mir eis dann eng kéier drusetzen, dass déi Mindestlounupassungen ëmmer mat engem Retard vun zwee Joer geschéien, läit am System schonn dran. Sou dass, wa mir vun 1991 bis d'Joer 2002 elo géifen eleng de Retard rechnen, deen duerch déi Method entsteet, dee scho mat Sécherheet géif bei 3 oder 4% leien, dat heescht, an ech mengen d'Gewerkschaften hunn lech dat och an Ären Diskussiounen proposéiert, esou wéi ech aus dem Exposé des motifs erausgelies hunn, dass mir eis dann eng kéier mussen dohinner setzen a kucken, ob mer dann iwwert d'Method, wéi mir de Mindestloun upassen a par ricochet dann och d'Renten an d'Pensiounen, mussen diskutéieren. Mä dat ass dat éischt Argument, wat no zéng Joer géif dofir schwätzen, fir déi extraordinär Augmentatioun ze maachen.

Deen zweete Grond, deen dofir schwätzt ass, dass d'Mindestlounbezéier - a wann Dir lech nach kënnt erënnere un déi Studien, déi d'Chambre des Employés privés virun zwee Joer gemaach huet - „les laissés pour compte“ si vun där gudder Produktivitéitsentwécklung, déi mir an deene leschten zéng Joer haten, déi bei ronn 2,5% pro Joer an d'Luucht gaangen ass, dass si „les laissés pour compte“ si vun enger Kompetitivitéitsaugmentatioun, vun, an där selwechter Period, ronn 1% plus all Joer.



An dofir si mer der Meenung, dass wann een och si, wéi bei de Steier-erliichterunge massiv déi Leit, déi Besserverdénger sinn an och massiv d'Betriber, un deene Wuesstumsraten do wëll profitéieren doen, een dee Geste hei hätt misste maachen. A schlussendlech, a virun allem och, well bei de Steiererliichterunge vun 2000 a vun 2001, besonnesch déi Mindestlounbezéier mat Famill, mat Kanner, eidel ausgaange sinn. Mä dorobber kommen ech herno nach eng Kéier zrëck.

A schlussendlech well mir der Meenung sinn, dass déi Zuelen, déi an deene leschte Méint komm sinn, déi gedrosselt Wuesstumsraten déi mir erliewen, weder ekonomesch, nach sozial, nach a punkto op Statsfinanzen eng Légitimatioun an eisen Ae sinn, fir neen ze soen zu enger extraordinärer Augmentatioun. An ech wëll déi Argumenter virun allem nach eng Kéier op de Métier huelen.

Ech géif bal eng Wett maachen, dass um ekonomesche Plang, bis Mëtt Oktober, eng gutt Chance bestanen huet, fir eng extraordinär Augmentatioun vum Mindestloun hei an der Chamber kënnen duerchzesetzen. All Diskussiounen, déi mir bis elo dohinner gefouert hunn -, weisen dass et an eenzelne Parteien a bis an d'Regierung eran Leit gouf, déi gemengt hunn, et kéint een dat maachen, mä déi gedrosselt Wuesstumsrate waren hinnen dann e Virwand, fir ze soen: Neen, mir kënnen dat awer elo net maachen.

Ech hu gesot: Dat war de Fall bei der Foiresried vum Wirtschaftsminister, deen eng Ried gehalen huet, déi éischter eng Austeritétsried war, déi éischter eng Ried war, fir ze soen: Mir brauchen elo Modérations salariales. En huet och nach gesot: Modérations écologiques, mä ech mengen, dat ass dann eng aner Diskussioun, déi op engem anere Plang muss gefouert ginn.

An d'Patronat huet natierlech och vun deenen neien Zuele profitéiert, fir den Drock net nëmmen op eng extraordinär, déi se souwisou vu virera refuséiert hunn, mä och den Drock op iwwerhaapt d'Upassung vum Mindestloun ze erhéien.

Et muss een also haut feststellen, dass wann een déi zwee Méint kuckt, déi mir elo erlieft hunn, d'Mindestlounbezéier a Wierklechkeet déi éischten Affer si vun deem, wat mer an deene leschten zwee Méint un neien Zuele kritt hunn. An dat ass aus dräi Grënn, an eisen Aen, inakzeptabel.

Éischstens, et bleift eng Tatsaach, déi vu kengem kann dementéiert ginn, dass d'Loun-, a besonnesch och d'Lounniewekäschten, am europäesche Vergläich, hei zu Lëtzebuerg weiderhi ganz gënsteg sinn. D'Aarbechterskäschten, a virun allem d'Lounniewekäschten, waren ni e Standortnodeel hei zu Lëtzebuerg. Wann dat de Fall gewiescht wär, an deene leschten zéng Joer, dann hätte mer net dee Boom um Niveau vun der Schafung vun neien Aarbechtplazen erlieft. Dann hätte mir net e Rekord vun Emploi, wéi mir en haut hunn, wann dat een Argument wär.

Mir wëssen, dass et ganz aner Argumenter gëtt, déi d'Patronen an d'Betriber dofir interesséieren, hei zu Lëtzebuerg ze investéieren. Dat sinn zum Beispill vläicht eng Bürokratie, déi manner entwéckelt ass wéi an anere Länner, d'Tatsaach, dass ee schnell Décisiounen ka kréie vun de politeschen Décideuren, d'Tatsaach, dass mir och elo e fiskalt Ëmfeld hunn, wat ganz kompetitiv ass par rapport zu deenen anere Länner. Mä et soll kee mer heibanne soen, dass de Coût salarial, a virun allem d'Lounniewekäschten, dass dat e Frein wär, fir hei zu Lëtzebuerg ze investéieren; dat war et ni an deene leschten zéng Joer an ass et och net am Moment.

Zweetens. D'Zuele vun der IGSS, déi scho genannt gi sinn, ginn Opschloss, a wat fir enge Secteuren dann d'Mindestlounbezéier hei zu Lëtzebuerg schaffen. An do ass et evident, wat een och esou weess, mä wat een och mat den Zuele bewise kritt, dass ëm déi 50% eleng an dem Commerce, an der Restauratioun an an der Hôtellerie schaffen. Dovunner iwwregens och e ganz héijen Undeel vu Fraen. Och erëm eng Kéier iwwert d'Halschent vun de Fraen, déi betraff sinn, si Mindestlounbezéier, wat iwwregens och heiansdo e Grond ass, firwat dass d'Begeeschterung net esou grouss ass, fir de Mindestloun ze augmentéieren. An niewebäi bemierkt, loosst mech dat och soen, ginn ech jo an deene leschte Joren ni d'Gefill lass, dass d'Tatsaach, dass bei de Mindestlounbezéier och e ganz groussen, en héijen Undeel vun Ausländer ass, och dozou féiert. An da behaapten ech, dass am politesche Raum d'Begeeschterung, fir méi ze maache beim Mindestloun, net onbedéngt ganz grouss entwéckelt ass.

Wann ee weess a wat fir enge Secteuren déi Leit schaffen, ass jo dann d'Fro ze kucken: Mä sinn et déi Secteuren, déi vun der wirtschaftlecher Flaut, oder dem wirtschaftleche Réckgang, och méi betraff sinn? An de Statec gëtt Opschloss driwwer, dass dat net de Fall ass. Am éischten Trimester 2002 erlieft de Commerce „en gros“ an „en détail“, ech zitieren de Statec: „une activité intense“ mat Wuesstumsrate vu plus 6,7% a plus 5,7% vum Chiffre d'affaires. Am Horecaberäich erlieft de Secteur, ech zitieren de Statec: „une forte expansion“ mat am éischten Trimester 2002 - lauschtert gutt no - enger Augmentatioun vum Chiffre d'affaires vu plus 11%.

Am Kloertext also: Déi Secteuren, déi manifest a massiv betraff si vun deem Coût, deen also hei augmentéiert géif ginn, si bei Leiwene net déi, déi am Moment ënnert där Situatioun, ënnert deenen neien Zuelen, déi mir kennen, ze leiden hunn, an et ass also net richtig, si zum Virwand ze huelen, fir en Nee géint eng extraordinär Augmentatioun auszeschwätzen.

D'Salariéene hunn och alleguer d'Recht - an dat ass en Zitat wat ech elo hunn -, fir un dëser Wirtschaftsleeschung Deel ze huelen, an dovun an engem gerechte Mooss ze profitéieren. „Wou e Recht huet huet e Recht“. Den CSV-Kolleg Nico Loes huet dat Zitat do den 21. Dezember 2000 hei an der Chamber, am Rahme vun der deemoleger Mindestloundebatt, gesot. Jo, Här Loes, déi Salariaéene och an deene Secteuren do, déi „les laissés pour compte“ si vun der Entwécklung, vun deene leschten zéng Joer, hunn e Recht, an engem gerechte Mooss un där Wirtschaftsleeschung, déi an deem Secteur och am Moment amgang ass gefuer ze ginn, bedeelegt ze ginn. A mir hunn och dofir an eise 21-Punkte-Programm fir eng Standortoffensiv plädéiert, wou mer eng ganz Rei vu Virschléi gemaach hunn, déi d'Kompetitivitéit vun eiser Economie kënnen verbessern, déi och virun allem Kleng- a Mëttelindustrien et géifen erlaben, dass verschidde Saachen, iwwert déi mer - an den Här Krecké huet dat gëschter hei iwwerzeegend gesot - eis heibannen alleguerten eens sinn, an déi och an deene leschten dräi, an dräi an en halwe Joer leie bliwwe sinn, awer endlech sollte geschéien. Mir hunn an eise 21-Punkte-Programm gesot, dass mer e kloert Bekenntnis maachen zur sozialer Kohesioun hei am Land, dass mer e kloert Bekenntnis maachen, dass eng gerecht kontinuierlech Lounpolitik richtig ass, well et hei zu Lëtzebuerg ni e Standuertnodeel war.

Mä trotzdem si mer der Meenung, dass een de Wirtschaftssituatiounen soll Rechnung droen, an dass ee virun allem och dem psychologischen Effekt vun Décisiounen, déi

ee kann huelen, soll gerecht ginn. An dofir wëll ech an engem Amendement, deen ech wëll deponéieren zu deem Gesetz hei, och proposéieren, dass mer déi 3,5% extraordinär Augmentatioun solle maachen, déi mir proposéiert hunn, fir ze weisen, dass mer op déi Argumenter aginn, déi d'Regierung eis dohinner geluegt huet, déi aus der Tripartite erauskomm sinn, déi 3,5% opzesplécken, a se an zwou Etappen ze realiséieren, engersäits 1,7% den 1. Januar 2003, an nach eng Kéier 1,7% den 1. Januar 2005, fir dann déi Laascht, déi doraus entsteet, op méi Joren ze verdeelen, an domadder virun allem de psychologischen Effekt ze erreechen an der Economie, a virun allem de klengen a mëttleren Entrepreneuren a Geschäfte ze soen, dass mer bereet sinn, deenen Argumenter Rechnung ze droen an an der Ëmsetzung och dann deen Effekt do ze erreechen.

**Amendement 1**

*L'article unique du projet de loi 5053 modifiant l'article 14 de la loi modifiée du 12 mars 1973 portant réforme du salaire social minimum est modifié comme suit:*

*„L'article 14 de la loi modifiée du 12 mars 1973 portant réforme du salaire social minimum prend la teneur suivante:*

*Article 14.- Sous réserve, s'il y a lieu, des adaptations prévues à l'article 3 qui précède, le taux mensuel du salaire social minimum d'un travailleur non qualifié rémunéré au mois est fixé à partir du 1er janvier 2003 à deux cent vingt-neuf Euro et soixante-quinze Cents (229,75 Euro) au nombre 100 de l'indice pondéré du coût de la vie au 1er janvier 1948. A partir du 1er janvier 2005, le taux mensuel du salaire social minimum s'élève à deux cent trente-trois Euro et soixante-six Cents (233,66 Euro) au nombre indice 100 de l'indice pondéré du coût de la vie au 1er janvier 1948.*

*Le taux horaire correspondant au taux mensuel prévu à l'alinéa qui précède est obtenu par division de ce taux mensuel par cent soixante-treize.“*

*(s.) Lucien Lux, Mady Delvaux-Stehres, Jeannot Krecké, Georges Wohlfart, Marc Zanussi.*

An der drëtter Argumentatioun muss ech soen, dass d'Regierung als Reaktioun op déi neiste Wuesstumsrate mat zwee Mënnen schwätzt. An ech wëll mech erklären. Ech hu scho gesot, de Wirtschaftsminister huet a senger Foiresried éischter en Discours an e Message vun Austeritéit a vu Modération salariale gehalen. De Statsminister Juncker huet an enger ganzer Rei vun Interventiounen, Interviewer, Rieden, och hei am Haus, als Äntwert op déi nei Wuesstumsrate just de Géigendeel gesot a gemengt, mir missten am Prinzip eng Relance maache „par la consommation intérieure“. Dat heescht, mir sollten also weider versichen d'Kafkraaft ze steigern, fir iwwer eng gesteigert Kafkraaft de Wuesstum unzekerbelen, an doduerch eng antizyklesch Politik ze maachen an deem Moment wou de Wuesstum géif zrëckgoen.

Wann déi antizyklesch geduechten Ukuerberelung vum Konsum Regierungspolitik ass, da gi mer emol dovun aus, de Statsminister priméiert de Wirtschaftsminister, dass dat déi offiziell Politik ass. Wann also den dauernden Hiweis gemaach gëtt op d'Richtigkeet vun de Steiererliichterungen, déi mer an deene leschten zwee Joer gemaach hunn, op d'Richtigkeet vun der jo bal massiver Erofsetzung vum Spëtzeiteersaz an deene leschte Joren, op den Accord salarial an der Fonction publique, an esou weider, an esou fort, da wär et just richtig eng ausserge-

wéinlech Augmentatioun vum Mindestloun ze maachen, well dat dann hoergenee déi richtig Äntwert wär, well, an och doriwwer si mer eis heibannen eens, beim Mindestloun 3,5% ze augmentéieren, heescht praktesch integral 3,5% Augmentatioun direkt an de Konsum eranzebréngen. Well dat si Leit, déi mat Sécherheet net d'Méiglechkeet hunn, déi 3,5% nach op d'Bank ze setzen. Déi fue-re mat deenen 3,5% méi och net fir d'zweet oder fir d'drëtt an d'Vakanz an d'Ausland. Mä dat si Leit, déi d'Moyenen dofir net hunn, an déi 3,5% och direkt an de Konsum ginn. An e groussen Deel vun deem Konsum stäerkt och manifestement déi sougenannte Binnen-nachfrage, héchstens nach d'Nofro bis op Tréier. Mä op jidde Fall wäert dat der Economie, an hätt dat der Economie direkt e Bonus kënnen ginn.

Ech wëll mat all deenen Argumenter soen, dass déi wirtschaftlech Argumenter a Wierklechkeet e Virwand sinn, an ebe just d'Mindestlounbezéier, also déi Klengst vun deene Klengen an der Hierarchie vun de Léin a Gehälter hei zu Lëtzebuerg, déi sinn, déi hei als Virwand geholl ginn. An ech wëll och nach eng Kéier soen, dass de Coût salarial ni an nimmer e Standuertnodeel hei zu Lëtzebuerg war, an och am Moment net ass.

Mir hunn eis, an erlaabt mer dat ze soen, hei och am politesche Raum méi licht gedoen a mir hu manner doriwwer ze streide gehat, wéi mer de Spëtzeiteersaz vun iwwer 50% an enger Rekordzäit op 38% erofgeholl hunn, wéi dass mer de Mindestloun versichen, eleng aus deene methodologesche Problemer, déi et gëtt, och gerecht an d'Luucht ze setzen.

D'Regierung huet den 13. September 2002, an dat ass am Communiqué vun der Regierung nozeliesen, decidéiert, d'Proposition de loi Lux vun der LSAP am Rahme vun de Gespréicher mat de Sozialpartner ze analyséieren an anzebréngen. Et war also nach net esou, Här Aarbechtsminister, esou kann ech dat emol unhuelen, dass den 13. September 2002 d'Regierung nach net decidéiert hat, fir zu där Proposition de loi neen ze soen. Soss hätt se an hirem Communiqué jo kënnen schreiwen: Mir lehnen déi of. An darselwechter Sëtzung, bei deem Punkt virdrun, ass zum Beispill meng Proposition de loi iwwert de Mobbing ofgelehnt gi vum Regierungsrat. Mä beim Mindestloun ass gesot ginn: Mir huelen déi Proposition de loi mat an déi Diskussiounen, déi mer mat de Sozialpartner doriwwer féieren. Ech ginn also dovunner aus, dass dat nach net d'Attitude war fir definitiv dozou neen ze soen.

M. le Président.- Här Lux, den Här Minister wëllt lech eng Fro stellen.

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi*.- Hien huet gesot, dass mer géife Gespréicher ophuele mam Patronat fir eng fräiwëlleg Augmentatioun iwwert dat geschëlten Unhiewe vum Mindestloun eraus. Dat hate mir effektiv decidéiert. An an engems hu mer och Ufanks September an där Reunión decidéiert an der Regierung, dass eng Partie Verwaltungen eis géife Berechnungen ustelen iwwert déi verschidden Auswierkunge vum Mindestloun, soit op d'Wirtschaft, soit op d'Steieren, déi mer och am Exposé des motifs erëm verschaffen.

M. Lucien Lux (*LSAP*), *auteur*.- Här Minister, ech muss soen, dass ech selten an deene leschte Joren esou eng couragéiert Attitude bei enger Regierung, egal wat fir enger Natur, fonnt hunn, wéi déi doten, effektiv an d'Verhandlung mat de Sozialpartner ze goen, an effektiv bei d'Patronen ze goen an ze soen: Mir d'Regierung, mir sinn d'accord mat enger extraordinärer Augmentatioun vum Mindestloun, wann Dir fräiwëlleg domadder

d'accord sidd. Dat ass, muss ech soen, fir den Held vun Dublin, wéi e jo heiansdo genannt gëtt, zwar wierklech e risege Courage gewiescht, fir mat esou enger Attitude eranzegoen, wann ee weess, dass d'Patronen esouguer géint déi normal Upassung un d'Lounentwécklung sinn, wann ee weess, dass d'Patrone beim Avis, dee se 2000 geschriwwen hunn, esouguer de Mindestloun als Prinzip an als Instrument a Fro gestallt hunn. Deenen also ze soen, wann Dir fräiwëlleg bereet sidd de Mindestloun nach méi ze augmentéieren, da si mir och domadder d'accord, do kann ech nëmme soen: Bravo fir esou vill Sarkasmus, a bravo fir esou vill Voluntarismus an esou vill Courage vun der Regierung, fir an déi Richtung ze goen.

An da stellt sech jo d'Fro: Wéi ass et schlussendlech mat de finanzpoliteschen Argumenter wat de Lëtzebuerger Stat ubelaangt, deen also konfrontéiert wär mam Coût vun enger extraordinärer Augmentatioun. Ech hunn zwee- an dräimol gelies, wéi ech de 26. November 2002, dat ass nach net laang hier, de Fraktionspresident vun der CSV, de Kolleg Lucien Weiler, gelies hunn an der Zeitung, dass hie gesot huet, an ech zitieren d'Tageblatt, mä et stoung och an deenen aneren Zeitungen, esou: „Allein die von den Sozialisten geforderte Anhebung des Mindestlohnes über die vorgesehenen 3,5% hinaus würde eine Mehrbelastung von 15 Millionen Euro bedeuten“. Ech hunn an deene leschten Deeg versicht och an der CSV-Fraktion Zuelen ze kréien, déi déi 15 Milliounen Euro do géifen argumentéieren. Et ass mer bis haut de Moien net gelongen de Bewäis ze kréie fir déi Zuelen, well et effektiv esou ass: Déi Zuel do ass wierklech reng erfionnt an ass effektiv a kengem Mooss ze beweisen.

Wann ee weess, dass am Exposé des motifs vun der Regierung selwer steet, dass ugehall gëtt, dass eng Augmentatioun vun 3,5% fir d'Economie, déi jo de gréissten Deel vun der Laascht ze droen huet, well déi bezillt jo d'Paieren, eng Augmentatioun vun 2 Milliounen Euro géif bedeuten,...

**(Interruption)**

Dir hutt jo d'Geleeënheet herno nach doropper anzegoen. Ech soen lech och herno, wéi ech dat gerechent hunn. Mir héieren also de Moien, dass am Exposé des motifs Saachen einfach esou «Pi mal Schnauze» gerechent ginn. Mä loosse mer emol dovun ausgoen, dass dat doten...

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi*.- Här Lux, et gëtt keng wëssenschaftlech Berechnung.

M. Lucien Lux (*LSAP*), *auteur*.- Ech weess dat.

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi*.- Ech hunn d'Zuel vun de Mindestlounbezéier geholl, an ech hunn 3,5%, plus de Mëttelwäert vun de Soziallaaschte geholl an dat multipléiert. An da kommen ech op deen dote Wäert.

M. Lucien Lux (*LSAP*), *auteur*.- Ech wëll just soen, Här Minister, dass wann een dovunner ausgeet, dass et fir d'Economie dobaussen och nach zwou oder dräi Milliounen Euro wären, a wann een dovunner ausgeet, dass et fir de Fonds pour l'Emploi, wéi de Rapporteur et hei gesot huet, annerhalfe Millioun Euro bedeit, sinn a bleiwen nach ëmmer 15 Milliounen Euro eleng fir de Stat, net fir d'Economie. Eng Zuel, déi fräi erfionnt ass, an och mat kengen Zuele ka bewise ginn. An dat Eenzeg, wat ech hoffen, vu dass den Här Weiler nach aner Saachen, déi d'LSAP proposéiert huet, do kalkuliert hat, ass, dass seng aner Zuelen e bësche méi seriö sinn, well soss sinn déi Zuelen, op déi hien erauskënnt, wierklech farfalu.



An da stellt sech jo och d'Fro, an dat ass och gëschter nach eng Kéier hei diskutéiert ginn, ënner anerem och vum Kolleeg Weiler, vun der Selektivitéit. Wéi kënnen mer een Transfert social maache par rapport zu deene Leit, dee méi gerecht ass?

Den Aarbechtsminister, mengen ech, wann ech mech kann erënnere, war deemools Budgetsrapporteur, wéi déi sougenannten RWI-Studie hei diskutéiert ginn ass. Vu Studie zu Studie kréie mer effektiv gesot, dass mer méi eng gerecht Verdeelung misste maachen, awer mir zéien ni Konklusiounen draus. Dat war iwwregens och an der fréierer Regierung esou. D'RWI-Studie ass hei diskutéiert ginn. Si huet eis eng Rei vu Saache gesot, mä mir maache se awer net. Mir hunn elo eng nei Studie gemaach, wou ech iwwregens frou wär ze héieren, wou déi Studie dann endlech drun ass, well se jo fäerdeg ass an dem Regierungsrot vir-läit, fir dass mer déi och hei kënnen diskutéieren a kucken, wat fir eng Konsequenze mer dorausser zéien.

Ech wëll och nach eng Kéier eppes zu de sozialpoliteschen Argumenten soen. Beim Rapport vum Kolleeg Marcel Glesener ass dat ganz cocasse: Gëtt et eng Relatioun tëschent dem Mindestloun an de Steiererlichterungen? Do gëtt vun engem Kapitel zum aneren eng aner Thees vertrat. An deem enge Kapitel zielt den Här Glesener dat op, wat en och hei gemaach huet, fir ze soen, bei deenen, déi an der Steierklass 1A an 2 sinn, well déi nach Steiere bezuelt hu virdrun, wann een do d'Steiererlichterungen an d'Mindestlounerhéijung zesummerechent, da kënnt een op 6,9% Augmentatioun. Dann ass een also bal bei deene 7%, déi d'LSAP gefuerdert huet.

Fir dat ze argumentéieren, do gëtt et eng Relatioun tëschent de Steiererlichterungen an dem Mindestloun. A wann een da bei Famillje kënnt, wou dat doten Argument net méi opgeet, well déi Famillje scho virdru keng Steiere méi bezuelt hunn, da seet de Rapport: Mä a Wierklechkeet gëtt et iwwerhaupt keng Relatioun tëschent de Steiererlichterungen an dem Mindestloun. Ech mengen, dass dat net ganz kohärent ass, wann een net zur Kenntnis hält, dass et Tatsaach ass a bleibt, dass d'Kafkraaft vun deenen, déi Steiere bezuelt hunn, a besonnesch bei deenen, déi vill Steiere bezuelt hunn, duerch d'Steiererlichterungen ëm e Villfacht par rapport zu deene Klengstverdénge, déi keng Steiere bezuelt hunn, an d'Luucht gaangen ass.

Dat ass dann, wann een et sarkastesch an zynesch géif ausdrécken, eng selektiv Politik zu Gonschte vun de Besserverdénge, déi mer da gemaach hunn, wa mer de Kumul maache vun de Steiererlichterungen an der Augmentatioun, déi mer hei maachen.

An dat spiere jo och d'Organisatiounen um Terrain. Et brauch ee jo och nëmmen d'Etüden an d'Analysen, zum Beispill vun der Caritas ze huelen, déi eng Augmentatioun vun der Aarmutt hei zu Lëtzebuerg feststellt. Et brauch ee jo nëmmen d'Caritas an anerer ze liesen, fireraus ze fannen, wat dat um Terrain a Wierklechkeet bedeit. De Klaus Schneider - mat deem sech Membere vum Schafferot vun der Stad Lëtzebuerg, den Här Helminger, den Här Wiseler an anerer, nach viru Kuerzem op enger Foto bei der Virstellung vum Projet vun der Schläifmille gewisen hunn -, deem um Terrain schafft an deem also genau weess, wat och do wierklech existéiert, deem huet den 12. August 2002 een Interview am Quotidien ginn, an op déi enorm Risiken, besonnesch fir d'Familljen, déi Mindestlounbezéier sinn, higewisen, en tenant compte vu Schoul-, Familljen-, Wunn- a Gesondheetskäschten, déi an d'Luucht ginn. E seet an de Schlussfolgerunge vun deem Interview: „Tout cela pour di-

re que le salaire social minimum est insuffisant pour vivre, alors que 35.000 personnes le touchent au Luxembourg. Le Gouvernement envisage de l'augmenter de 3,5%. L'opposition socialiste de 7%. Il ne m'appartient pas de prendre position, mais il semble clair que l'augmentation devra dépasser les 3,5%“. Dat seet also e Mann, deem um Terrain d'Realitéite kennt, vill besser wéi mir se heiansdo aus eisen theoreteschen Iwwerleeungen, déi mer hei maachen, kënnen kennen.

An dann ee Wuert zu de Gewerkschaften, besonnesch un d'Adress vum Rapporteur Marcel Glesener. Ech wëll fir d'éischt soen, dass d'Gewerkschaften, an dofir gëtt et gutt Grënn, sech an deene leschte Joren ëmmer schwéier gedoen hunn, fir mat enger extraordinärer Augmentatioun vum Mindestloun d'accord ze sinn, an dat aus engem ganz einfache Grond. D'Gewerkschaften hunn ee ganz legitimen a verständlechen Intérêt, fir dass d'Lounpolitik virun allem um Niveau vun de Kollektivverträge gemaach gëtt. Do kënnen d'Gewerkschaften eppes maache fir déi Leit, déi bei hinne cotiséieren, an dofir ass et evident, dass et do eng gewësse Retenue, eng gewësse Skepsis gëtt, fir iwwert dee Wee ze goen, well een hinnen do de Spütt ewechhëlt, fir déi Leit eppes ze maachen. Do hu mer also all Verständnis dofir.

Ech wëll dofir awer soen, Här Glesener: Et ass déi éischte Kéier, wou ech hei an der Chamber sinn an u Mindestloundebatten deelhuele, et ass déi éischte Kéier gewiescht, dass esouwuel an enger Entrevue mam OGB-L, wéi an enger Entrevue mam LCGB, d'LSAP virun der grousser Vakanz gesot kritt huet, mir sinn dës Kéier d'accord, dass d'Mindestlounerhéijung muss iwwert déi 3,5% Upassung erausgoen, an zwar aus engem ganz einfache Grond: Well mer definitiv eng Kéier mussen feststellen, dass déi Leit, déi Mindestlounbezéier sinn, Leit sinn, déi net vu Kollektivverträge ofgedeckt sinn. Hei kënnen d'Gewerkschaften scho laang net méi eppes fir déi Leit maachen a fir déi méi eraushuelen, well do keng Kollektivverträge sinn. Praktesch, wann een dat richtig géing huelen, de Kollektivvertragspartner vun deene Leit ass de Gesetzgeber, deem dann iwwert de Wee vun deem Gesetz all zwee Joer versicht, eppes méi fir si erauszehuelen, well d'Gewerkschaften dat eben net fäerdeg bréngen. An, ech mengen, dofir hunn d'Gewerkschaften hir Attitude opgehalen, an ech wëll an esou ee Sträit guer net erantrieden.

Ech hu mer vun engem Gewerkschaftspräsident, deem Der wuel kennt, soe gelooss, dass d'Behauptung, déi heiansdo colportéiert ginn ass, och an deem Raum, net richtig ass, dass d'Gewerkschaften net an der zweeter Tripartitesetzung nach eng Kéier kloer an d'äitlech Position geholl hu fir eng extraordinär Augmentatioun. Ech hunn et praktesch gesot kritt, fir hei ze dementéieren, dass deem esou ass.

A wann Dir den Exposé des motifs, Här Glesener, eng Kéier ganz kloer géingt huelen, da geséicht Dir, dass d'Gewerkschaften dräi Grënn virdroen, fir eng extraordinär Augmentatioun ze maachen. Éischtens soe se, dass et richtig ass, dass am Joer 2000 an 2001 de Coût salarial méi héich war wéi d'Produktivitéit. Mä si soen hannendru ganz d'äitlech: „Mais tout au long de la deuxième moitié des années 90 c'était exactement le contraire, comme le salaire social minimum est toujours adapté avec retard. C'est clair qu'il est en porte-à-faux, mais alors il faudrait changer le système“. Ech mengen, dorobber hunn ech virdru schonn e puer Saache gesot.

Zweetens soe se och nach eng Kéier: „Le syndicat souligne à cet égard que pour mesurer l'impact micro-économique du relèvement

sur le salaire social minimum, il faudrait pouvoir analyser également l'évolution des bénéfices dans chaque entreprise, ce qui serait impossible en l'absence actuelle de centrale des bilans“. A si soe weider: „Il serait psychologiquement un mauvais signal de n'adapter le salaire social minimum que de 3,5%“.

Et ass also net richtig de Gewerkschaften praktesch virzegeheien, si hätten do net bis zum Schluss weider hir Aarbecht gemaach. Esouwuel an deene bilateralen Diskussiounen mam Aarbechtsminister iwwer de Mindestloun, wéi an der Tripartite, wéi och a Communiquéen a Stellungnahmen, ass kloer gesot ginn, dass eréischt um Schluss vun der Tripartite d'Gewerkschaften gesot hunn, mir hunn dee Virstouss vun de Patronen, déi Mindestlounupassung 3,5% iwwerhaapt a Fro ze stellen, ofgewiert, ass eppes anesches, wéi feststellen, dass d'Gewerkschaften dat alles op Franséisch, op Däitsch an a Rieden - nozekucken an ze liesen -, dës Kéier der Meenung waren, et soll een iwwert dee Wee goen.

Fir ze weisen, wéi relativ all déi Diskussiounen sinn a wéi theoretesch, hat ech scho virun zwee Joer mir Zäit geholl, fir eng Kéier an engem praktesche Beispill nozevollzéien, wat dann d'Liewe vun engem Mindestlounbezéier hei zu Lëtzebuerg esou ausmécht. An ech hunn dofir zesumme mam Office social an eiser Gemeng e praktesch Beispill geholl, wat et reell gëtt, a wat ech lech och herno roueg, fir deen, deen et wëllt, am Detail kann novollzéien. Fir also ze kucken, wat d'konkret Situatioun, déi sozial Situatioun ass vun engem, deen eng Famill huet a fir de Mindestloun schaffe geet - 40 Stonnen -, dat ass eng normal Situatioun.

Zwee Kanner, déi gebuer sinn 1992 an 1996. Dee Mann verdéngt 1.173,02 Euro. De Mindestloun also. Hien huet 409,28 Euro Kannergeld a kritt e Complément RMG - hie muss also den RMG free goen - vu 739,89 Euro. Dat mécht en Total vun 2.321,82 Euro. Hien huet ee Loyer vun 810 Euro, mat zwou Schlofkummere fir véier Persounen, Chargé vun 150 Euro, Elektresch fir 105 Euro, Telefon 35 Euro. Ech rechnen d'lesse mat ongeféier 450 Euro. Bensin, well en den Auto brauch, fir schaffen ze goen, fir ongeféier 100 Euro. En huet nach e Prêt zréckzebezuere vu 400 Euro. Dat mécht een Total un Ausgabe vun 2.050 Euro. Et bleiwe schlussendlech, en tenant compte dass Kleeder, Gesondheet, Schoul an alles do net dran ass, fir déi Famill vu véier Leit 300 Euro de Mount, fir ze liewen.

Dat ass also d'Praxis par rapport zu deem, wat mir theoretesch diskutéieren. Ech wollt virun allem dat Beispill och soe fir kloer ze maachen, dass all déi theoretesch Rieden, déi mir halen, fir ze soen, de Mindestloun ass am Prinzip dat, wat den Arbeitgeber him fir eng Leeschtung gëtt, fir kënnen dezent ze liewen, dass dat net méi stëmmt, well déi do Famill brauch haut schonn 739 Euro RMG, fir iwwerhaupt iwwert d'Ronnen ze kommen.

Wa mir also den RMG géingen ewech huele fir e Mindestloun, deen am Prinzip misst duergoe fir kënnen ze liewen, da wär deen doten an där Statistik vun der Caritas, vun deene wou d'Caritas eis Joer fir Joer seet, dass eleng de Fait Kanner ze hunn en Aarmuttsrisiko zu Lëtzebuerg ass, och wann ee schaffe geet, och wann een de Mindestloun kritt an esou virun, an dann ofruitscht an déi Situatioun, déi mer kennen.

Dat relativéiert, denken ech, méi wéi vill Rieden, déi mer hei halen, déi Diskussiounen, déi mer féieren iwwert de Mindestloun, iwwert

d'Héicht vum Mindestloun, iwwert d'Relatioun tëschent Mindestloun an RMG, iwwert d'Relatioun tëschent Mindestloun a Steiererlichterungen an esou weider.

Ech muss soen, an der Konklusioun, och wa mer dobaussen déi haart Realitéite vun der wirtschaftlecher Entwécklung kennen an duerfir och proposéiere fir déi Mindestlounerhéijung extraordinär an zwou Etappen ze maachen, fir deem Rechnung ze droen, bleiwe mer der Meenung, dass et richtig ass an déi Richtung ze goen. Virun allem och wann ee gesäit, wann ech dee Puzzle fäerdeg maachen, dass allègrement am öffentlechen Transport d'Tariffer ëm 10% an d'Luucht gesat ginn, dass, wéi ech gelies hunn am Procès-verbal vun där Kommissioun, déi sech ëm d'Loyere këmmert, diskutéiert gëtt iwwert eng eventuell Verschlechterung vum Mietgesetz, déi virun allem déi do Leit géing treffen: Alles dat mécht e Puzzle vun enger Politik, déi an eisen Aen ongerecht ass an déi net déi Selektivitéit huet, vun där mer och gëschter an d'lescht Woch ëmmer zwar hei grouss Rieden halen, déi Selektivitéit fir ebe just an enger Situatioun, wou mer haut sinn, virun allem deene Leit, deene Familljen ze hëllefen, déi et am dëcksten néideg hätten. Jiddefalls eise Virschlag géif deem gerecht ginn.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als éischten Diskussionsriedner ass den Här Nico Loes agedroen. Den Här Loes huet d'Wuert.

#### Discussion générale

M. Nico Loes (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, no der Présentatioun vum Rapport vum honorablen Här Marcel Glesener a vun der Proposition de loi vum Kolleeg Lucien Lux, mengen ech, bleibt net méi alles ze soen, vu datt d'Riedner jo an all Detail agaange sinn. Ech géif hinnen dann och merci soe fir hire schrëftlechen a mëndleche Rapport, dee ganz explizit war.

Als zweete Riedner vun eiser Fraktioun wollt ech nach just e puer Bemerkungen zu der gesetzlecher Erhéijung vum Mindestloun maachen. Wann d'Upassung vum Mindestloun an d'Entwécklung vun de Salairë regelméisseg zréckkënnt a sech scho bal zu enger legislativer Traditioun hei entwéckelt huet, sou bleibt awer ze soen, dass net all Upassung sech gläicht an datt virun allem déi virleidend Adaptatioun, déi den 1. Januar 2003 a Kraaft triede wäert, sech vun den Upassung vum de leschte Joren ënnerscheet.

D'Upassung vum Mindestloun geschitt dës Kéier am Kader vun enger méi schlechter ekonomescher Konjunktur, wat net de Fall war bei där leschter Upassung am Joer 2000, wou eis Wirtschaft nach boomt huet. Dës verleet verschidener, un éischer Linn d'Patronat, déi proposéiert Upassungen ze kritiséieren. Fir gewësse Kreiser sollt een op esou eng Moosnam, déi géint de Prinzip vun enger moderater Gehaltspolitik verstéisst, verzichten. Et ass an hiren Ae falsch, de Mindestloun ze erhéijen, grad elo, wou déi wirtschaftlech Situatioun net méi esou roseg ass.

Ech wollt dozou e puer Wuert soen. Éischtens därerf een net vergiesse, dass d'Finalitéit vun enger regelméissegger Upassung vum Mindestloun dora besteet, dem Mindestlounempfänger ze erlaben, a vum ekonomesche Wuesstum an vun deenen domat verbundene Léin a Gehälter, déi de Progressioun vum deene leschten zwee Joer Rechnung droen, kënnen ze profitéieren. Et kann net sinn, dass een Deel vun de Salariéen, déi zum Wuesstum vun eiser Wirtschaft am Joer 2000 an 2001 bäigedroen hunn, net därerften un dëser Leeschtung deelhuele. D'Upas-

sung vum Mindestloun ass de Beweis vun der Existenz vu soziale Grondwäerter an eiser Gesellschaft. Mir kënnen net einfach esou vun dëse Wäerter ofrécken.

D'Konsequenze vun engem niddregen oder inexistente Wuesstum sollen net eleng vun de Mindestlounbezéier gedroe ginn. Dat géif awer geschéien, wa mer elo op eng Upassung verzichte géifen.

Zweetens, d'Etüde vum Statec weisen dorop hin, dass eng Upassung vun 3,5% vum Mindestloun op makroekonomeschem Niveau esou gutt wéi keng Konsequenzen huet. Et kënnt net zu enger spektakulärer allgemeiner Erhéijung vun de Gehälter, d'Léin wäerten am Ganzen op ongeféier 0,21% eropgoen, wat akzeptabel ass. De Mindestloun hänkt vum Durchschnëttsloun of, an net ëmgedréint.

D'Expérience weisen och, dass dee mikroekonomeschen Impakt vun engem Ajustement vum Mindestloun relativ kleng ass, am Géigendeel zu deem, wat emol geleeeentlech behaupt gëtt. Et brauch ee sech just op déi lescht Ajustement ze bezéie fir feststellen, dass keng Upassung vum Mindestloun zu engem Ofbau vun net qualifizierten Aarbechtsplaze gefouert huet. Et kann een och kee gréisseren Drock um Niveau vun den Aarbechtsdemande feststellen.

D'Erhéijung vum Mindestloun huet och kee bedäitenden Afloss um Niveau vun der Konkurrenz tëscht de Betriber, stellt de Statec fest. Et muss een awer och hei soen, dass d'Erhéijung vum Mindestloun och d'Inflatioun ukuerbelt. De proposéierten Ajustement entsprécht dem Prinzip vun enger moderater Lounpolitik. Och wann dës Kéier d'Entwécklung vum Mindestloun der Progressioun vun der Produktivitéit virus ass. Et därerf een net vergiesse, dass während dem leschte Jorzéngt d'Progressioun vum Mindestloun wäit hannert der Entwécklung vun der Produktivitéit louch.

Et geet och aus de Statistiken ervir, an de Marcel Glesener als Rapporteur, an och de Lucien Lux, hunn dodrop higewisen, dass, wann d'Zuel vun de Mindestlounempfänger nominativ eropgeet, wat beim Wuesstum vun de Beschäftigungszuelen normal ass, dës Zuel awer proportional, säit 1998, stänneg erofgeet. D'Zuel vun de Salariéen, déi nom Mindestloun bezuelt ginn, läit dës Joer bei ongeféier 37.000. Dat maache 15,1% vun den Aarbechter a Privatbeamten hei am Land aus. Am Joer 2000 waren dat nach 16,2%. Dës Feststellungen erlaben et verschidde Kritiken ze relativéieren, déi am Ajustement vum Mindestloun d'Geofor vun enger eventueller Progressioun no uewe vun der Zuel vun de Mindestlounempfänger gesinn.

Iwwer all dës Iwwerleeungen eraus därerf een awer net vergiesse, wéi de Rapporteur schonn ënnerstrach huet, dass de virleenden Ajustement vum Mindestloun och zum Deel dozou bäidroen wäert, eis Wirtschaft nei unzekuerbelen. D'Mindestlounempfänger, déi opgrond vun enger Erhéijung vun hire Gehälter méi Suen zur Verfügung hunn, hunn éischer d'Tendenz dës Suen auszeginn, wéi se ze spueren. D'Wirtschaft, an domat d'Betriber, profitéieren domat och indirekt vun der Erhéijung vum Mindestloun, an och de Rapporteur huet dat ënnerstrach.

Wat d'Proposition de loi vum Här Lux ugeet, déi eng Erhéijung vum Mindestloun vu 7% ab dem 1. Januar 2003 virgesäit, muss ech awer soen, dass ech mat der Begrënnung vum Här Lux net averstene sinn. An ech mengen, dass hunn och d'Diskussiounen bei eis an der Kommissioun erginn. Nom Här Lux wieren d'Friichte vun der wirtschaftlecher Entwécklung net gläichméisseg verdeelt ginn. Den Auteur vun der Proposition de loi viséiert virun allem déi lescht Steierreform. Dem Här Lux no wieren et haaptsächlech d'Leit mat deene



gréisste Revenuen, déi vun de Steuererliichterunge profitéiert hätten. Hie gesäit an där substanzieller Erhéijung vun dem Mindestloun, déi hie proposéiert, d'Moosnam fir dës Ongläichheet opzehiewen.

#### (M. Jean Asselborn prend la Présidence)

Fir den Här Lux ass d'Erhéijung vum Mindestloun eng sozial Begleetmoosnam zu de Steuererlichterungen. De Rapporteur huet awer ganz kloer an däitlech hei ervirgehewen, datt den Ajustement vum Mindestloun a kenger Hisiicht eng sozial Moosnam ass. De Mindestloun ass als en Instrument vu sozialer Equitéit ze verstoen, dat all Aarbechter eng minimal Géigeleeschtung fir seng Aarbecht garantéiert. Iwwert dee Wee gëtt och dee fundamentale Wäert vun der Aarbecht unerkannt, d'Iddi, datt jiddereen un dem wirtschaftleche Wuesstum soll Deel huelen.

De Mindestloun ass net als Mëttel fir eng sozial Ëmverdeelung geduecht. Och därer den Här Lux d'Erhéijung vum Mindestloun vun 1991 net als Argument ervirsträichen. Deemools ware ganz aner Argumenter, déi gespillt hunn, an dat weess hien och genau. Et war virun allem och d'Methodologie an d'Berücksichtigung vun der Entwécklung vun de Léin tëschent 1984 an 1989, déi ausschlaggebend ware fir den aussergewöhnlechen, héijen Ajustement vum Mindestloun vun 1991.

D'Erhéijung vun deemools ergëtt sech aus der Errechnung vun dem reelle Réckstand vum Mindestloun op d'Entwécklung vun de Gehälter. Haut hu mir e Réckstand vun 3,5% an net vu 7%. Esou eng Erhéijung, wéi déi, déi den Här Lux virschléit, ass ausserdeem och net conforme, denken ech, mat der moderater Gehälterpolitik zu deene sech déi politesch a sozial Acteure verflucht hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dës waren nach e puer Bemerkungen, déi ech am Kader vun dem Ajustement vum Mindestloun wollt maachen. Wéi gesot, de Fraktionskolleg a Rapporteur Marcel Glesener ass méi iwwert de Rapport erausgaangen. Hien huet och seng Kommentaren dozou ginn. D'Entscheidung, de Mindestloun un d'Entwécklung vun de Léin a Gehälter vun de Joren 2000 an 2001 unzepassen, an dofir ëm 3,5% ze hiewen, ass déi richteg Entscheidung. Si bedeit fir 37.000 Salarieën, déi um Mindestloun bezuelt ginn, besser Liewensbedingungen. Letztendlech bedeit dës Ajustement och d'Méiglechkeet, de Konsum ze förderen. Dofir hoffen ech, dass dës Projet mat enger grousser Majoritéit haut gestëmmt gëtt. Dës Projet féint natierlech d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun. Ech soen lech merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Nico Loes. D'Wuert huet elo den Här Niki Bettendorf.

M. Niki Bettendorf (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'eischt wollt ech dem Rapporteur Marcel Glesener merci soe fir säin ausfierleche mëndlechen a schrëftleche Rapport. Hien ass am Laf vun de Joren Expär an dës Froe ginn an huet vun haut profitéiert, fir den Avis vun de Patronatschamberen mat ze kommentéieren, déi mir nach net haten, wou mir an der Chamberkommission iwwert den Ajustement geschwat hunn, well mir keng Zäit hatten, fir dat doten ze maachen.

Duerch den heitege Gesetzesprojet gëtt de Mindestloun vum Januar 2003 un ëm 3,5% gehéicht. Hie gëtt esou un déi duerchschnëttlech Steigerung vun de Léin a Gehälter aus de Joren 2000 an 2001 ugepasst. Et kéint ee mengen, dat heite wär "business as usual", well mir eis op Gesetzter a Methodologië stäipen, déi am Laf vun de Joren

ëmmer erëm verbessert a verfeinert goufen. An awer bréngt d'Erhéijung vum Mindestloun d'Opponenten op den Dill: déi eng sinn dofir, déi aner sinn dogéint an nach anere geet d'Augmentatioun net wäit genuch.

Mir als Demokratesch Partei si mat dem Referenzmodell, deem 1991 ausgeschafft gouf, zefridden. Vun do un an nodeems op Grond vun de Berechnunge vun 1991, 1993 an 1995 den Écart, deem nach bestoung tëschent dem Salaire minimum de référence an dem Salaire social minimum sans charge de famille, absorbéiert gouf, hätten d'Diskussionen iwwer zum Beispill d'Propositions de loi, wéi déi vum Här Lux, net méi brauche gefouert ze ginn. D'Gesetz vum 24. Dezember 1994 huet de Salaire social minimum avec charge de famille ofgeschaaft. A mengen Aen war vun dunn u kloer, wat de Salaire social minimum ass a wat hien net ass.

Wat ass den Zweck vum Mindestloun? De Mindestloun ass eng Mesure, déi dozou dëngt, fir d'Ausbeutung vun eenzelne Beschäftigten ze évitéieren, a fir dass déi Aarbecht, déi geleescht gëtt, och honoréiert gëtt. Mir mussen eis an dës Diskussionen bewosst sinn, dass déi Salarieën, vun deene mir hei schwätzen, oft nëmme ganz weíneg Qualifikatioun mat an de Beruff bréngen. Dat huet als Konsequenz, dass de Patron am Endeffekt ganz oft déi Persoun astellt, déi fir den niddregste Loun all Dag schaffe kënn.

A wirtschaftlecher Rezession, wann de Chômage klëmmt, kann den Arbeitgeber souguer fir niddreg Léin qualifizéiert Main-d'oeuvre fannen. Ursprénglech war de Mindestloun dofir geduecht, fir ze verhënneren, dass Léin ausbezueelt ginn, déi ze vill niddreg gewiescht wären. Et goug virun allem drëm, fir dem Salaré e gewëssene Loun ze garantéieren, deem et him erlaabt huet, och eng Famill ze ënnerhalen.

Esou war dësen Agrëff an d'Regelen vun der fräier Maartwirtschaft aus sozialer Siicht e ganz grouse Progrès, deem iwwer méi wéi 50 Joer entscheidend zur sozialer Gerechtegkeet an dem soziale Fridde bei eis am Land bäigedroen huet.

Duerch déi regelméisseg Erhéijungen, déi um Mindestloun virgeholl goufen, sinn déi Beschäftegt, déi an deenen ënneschte Klasse vun de Gehälter- a Lountabelle stinn, mat um Wirtschaftswuesstum deelhuele gelooss ginn. Trotz dem Asaz vun de Gewerkschaften sinn et nämlech d'Mindestlounempfänger, déi an der schwächster Position géigeniwwer dem Patronat stinn. Eischens hu si net ëmmer déi Qualifikatioun, déi si fir de Patron onersetzbar maachen, an zweetens bestinn an deene Betriber, wou virun allem de Mindestloun bezuelt gëtt, oft keng Kollektivvertrëg.

Här President, déi lescht Jorzéngten ass et dem Stat ëmmer dorëms gaangen, mat deene verschiddeenen Upassungen och dës sozial méi schwach Leit un der wirtschaftlecher Entwécklung, um Wuesstum vun eise Land profitéieren ze loossen. Esou gouf de Mindestloun regelméisseg un d'Entwécklung vun den duerchschnëttlechen Gehälter ugepasst, a mir si gutt domadder gefuer. Esou Errungenschaften kënnen net liichtfaankeg op d'Spill gesat ginn.

Mir sinn dës Kéier an enger spezieller Situatioun. Esou wéi et virgesinn ass, baséiert d'Erhéijung op der Entwécklung vun 2000 an 2001, zwee gutt Jore fir eist Land. Haut, Enn 2002, dréit et net méi esou gutt, mä soll dofir op den Ajustement verzicht ginn? Ech deelen der Regierung hir Meenung, dass eis Wirtschaft dës Augmentatioun verkaafte kann, ouni dass se negativ Auswierkungen op den Emploi huet. Prozentual sinn d'Mindestlounempfänger an de leschte

Jore souguer zrëckgaangen: vun 1999 ëm déi 17,1% op elo déi 15,1%. Et gouf scho gesot, de Präis ass 2 Milliounen an den Impakt à charge vum Fonds pour l'emploi läit bei 1,5 Milliounen Euro, tabléiert op 3.000 indemniséiert Aarbechtsloser. Wann dës Zuel klëmmt, ginn dës Chargen natierlech an d'Luucht.

Ech hu gesot, ech deelen der Regierung hir Approche: Et kann een d'Konditiounen vun der Stee net all Kéier änneren, esou wéi et engem ebe passt. Ech muss awer drop hiweisen, dass d'Halschent vun de Mindestlounbezéier aus Commerce-, Hôtel- a Restaurationsbetriber kommen. Et brauch ee keen Hellseher ze sinn, fir virauszege-sinn, dass, doduerch dass den Ajustement gekoppelt gëtt mam Gesetz, wou d'Aarbechtsszäit an den Hotelan an de Restauranten nei geregelt gëtt, de Bifdeck bestëmmt méi déier gëtt. Dir wësst - an do wäert ech spéider nach eng Kéier drop zrëckkommen -, dass mir dëst Gesetz haut och nach um Ordre du jour hunn.

Här President, ech hu versicht ze soen, wat de Salaire social minimum soll sinn. Ech wëll kuerz sträifen, wat en net ass, an zu wat en net soll benotzt ginn. De Salaire social minimum ass keen RMG. De Salaire social minimum ass keng familiéipolitesch Moosnam, an de Salaire social minimum huet och näischt mat Steuerpolitik ze dinn.

Ech wollt hei ganz kloer ënnersträichen, dass et a mengen Aen géierlech wär, déi verschidden Instrumenter vun eise Sozialstat an den Debatten an a Gesetzter mateneen ze vermëschen. Esou ass de Mindestloun och keng fiskal Moosnam. Wa mir de Mindestloun erhéijen, da gëtt d'Belaaschtung vun de Patronen méi grouss. Wa mir d'Steiere senken, da ginn d'Recette fir de Stat méi kleng. Ech bleiwen der Meenung - an ech hunn et schonn an enger anerer Debatt gesot -, dass d'Steierreform an de kommende Joren hir Friichten hei am Land dréit, well de Stat alles gemaach huet, fir eise Betriber e wirtschaftlech favorabelt Ëmfeld ze schafen.

Ech wëll nach eng Kéier ervirsträichen, dass dës 3,5% net e Prozentsaz ass, deem einfach esou vum Himmel fällt, wéi et engem an de Kapp kënn. 3,5%, dat ass genau de Retard vun dem Mindestloun par rapport zur Entwécklung vun den Duerchschnëttsgehälter vun de Joren 2000 an 2001. A mengen An ass déi Method, déi benotzt ginn ass, an déi zënter zéng Joer besteet, schwéier ze kontestéieren.

Déi Method ass net eesäiteg vum Patronat, vum Stat oder vun de Salarieën vun de Gewerkschaften entwéckelt ginn. Si representéiert net déi eesäiteg Meenung vun engem soziale Partner, dee probéiert déi beschte Konditiounen fir sech ze erreechen. Am Géigendeel, dee Grupp Expären, deem den neie Modell Ufanks den nonzeger Joren entwéckelt huet, dat ass ee Grupp; Tripartite géif ech en emol nennen.

Zweetens ass déi Method, säit 1994, och mat Erfolleg getest ginn. Et sinn dräi Elementer, déi mech op déi Behauptung komme loossen: de wirtschaftleche Wuesstum, de Chômage an d'Proportion vun deene Beschäftigten, déi e Mindestloun bezuelt kruten. Mir hunn an deene leschte Joren en héijen ekonomeschen Wuesstum kannt, gläichzäiteg ass de Chômage niddreg bliwwen an de Prozentsaz vun de Salarieëen, déi de Mindestloun kréien, ass am Abléck esouguer réckleefeg.

Dat misst dach drop schlëissen, dass d'Wirtschaft net duerch iwwerméisseg Lounfuerderunge gebremst ginn ass, an esou weiderhi

konnten Aarbechtsplaze geschafeginn. Gläichzäiteg konnte vill Salarieëen hir Aarbechtskonditiounen verbessern, an hir Gehälter esouguer iwwert de Mindestloun eraushiewen.

Drëtens gëtt dës Methodologie net eleng fir de Mindestloun gebraucht. Si gëtt, zënter 1994, och fir d'Ajustementen vun de Pensionen benotzt. Fir mech steet dës Methodologie op zolide Féiss.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'LSAP huet an enger Proposition de loi eng siweprozenteg Erhéijung vum Mindestloun gefuerdert. Also dat Duebelt vun deem wat gebraucht gëtt, fir d'Progressioun vum Mindestloun där vun de Gehälter unzepassen. An den Ae vun der DP ass dës Propositioun sozialpolitesch engagéiert, mä si riskéiert dee sensibelen Equilibre vun eiser Wirtschaft ze stéieren, an engem Moment wou e schonns fragiliséiert ass. Eng siweprozenteg Erhéijung vum Mindestloun kéint nämlech längerfristeg genau de Géigendeel bewierke vun deem, wat mir wëlle mam Mindestloun erreechen, nämlech d'sozial Gerechtegkeet an d'sozial Kohärenz an eiser Gesellschaft.

Déi 7% Propositioun ass net d'Resultat vu Fakten, mä vun Hypotheesen. An de Joren 2000 an 2001 sinn d'Duerchschnëttsgehälter vun der aktiver Bevölkerung an der Moyenne ëm 3,5% erop gaangen. Wa mir also elo higinn an de Mindestloun ëm 7% eropsetzen, gi mir automatesch dovun aus, dass d'Duerchschnëttsgehälter, an de Joren 2002 an 2003, och ëm 3,5% eropginn. Ouni elo grouss wirtschaftlech Prognosen ze maachen, kann een awer elo schonns soen, dass an dem aktuellen, konjunkturellen Ëmfeld dës Zil net wäert erreecht ginn.

Wa mir also d'Propositioun vun de Sozialisten géifen unhuelen, da wäremir an enger Situatioun wou d'Evolution vum Mindestloun eng Avance hätt op d'Duerchschnëttsgehälter. Wat d'Konsequenzen op de Chômage an op d'wirtschaftlech Aktivitéiten wären, misst jo jiddereen sech och kënne virstellen.

Ech wëll hei eise Fraktionspräsident, de Jean-Paul Rippinger, zitieren aus senger Budgetsried, wat hien zu der Propositioun vum Lucien Lux gesot huet. „Dem Lucien Lux seng Propositioun datéiert op de 16. Juli 2002, also an engem Moment wou d'Wolken um Lëtzebuerg Himmel nach net esou gro geschéngt hunn. Säit dem Juli krute mer leider vill konkret Beweiser dofir, datt eis Wirtschaft méi lues dréit, domat huet sech och ëmmer méi kloer gewisen, dass déi Hypotheesen, op déi d'Propositioun Lux sech baséiert huet, onrealistesche, an, fir et douce auszedrécken, wirtschaftspolitesch riskéiert waren. Eng logesch Reaktioun fir all Partei wier gewiescht, dës Propositioun falen ze loossen.

Ech hu mir d'Fro gestallt, ob et nëmmen eng Propositioun Lucien Lux war, oder ob se elo nach vun der LSAP gedroe gëtt? Eist Erstauene war grouss, wéi de 6. an den 20. November d'LSAP a Pressecommuniquéen d'Majoritéit opgefuerdert huet, hir Propositiounen dach endlech unzuhuelen. Wann een awer weess, datt dëselwecht Partei, op enger vun hiren zahlräiche Pressekonferenzen vum 18. November, der Regierung wirtschaftlech Inkompetenz virgeworf huet an d'Sozialisten erkläert hunn, si wärem prett d'Verantwortung ze iwwerhuelen, da kann ech nëmme soen, dass ech dës Behuele regelrecht paradox fannen, an hiert Festhalten un der siweprozenteger Erhéijung méi wéi wahrscheinlech aus reng wahltechneschen taktische Grënn motivéiert ass.“

Ech hunn hei gesot, ech géif d'Budgetsried vum Här Jean-Paul Rippinger zitieren, ech hunn dat domadder gemaach. Well mir dat gutt gefall huet, a well dat och heiranner passt.

#### (Interruptions)

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mäin Erstauene war nach méi grouss, wéi bei eise sozialistesche Kolleegen d'Problematik vum Mindestloun mat der Steuerreform a Verbindung bruecht gëtt, nom Motto: Déi Leit, déi de Mindestloun kréien, goufen net nëmme bei der Steuerreform vergiess, mä elo solle se och nach déi Eischt sinn, déi ënner deem méi schwache Wuesstum leiden.

Dat entsprécht awer elo iwwerhaupt net den Tatsaachen. Et ass wouer, een Deel vun de Mindestlounempfänger bezitt keng Steieren, wat natierlech fir si positiv ass. Zweetens hunn och d'Mindestlounempfänger vun der Steuerreform profitéiert, a si sinn eleng déi, déi vun der Mindestlounerhéijung profitéieren, déi déi driwwer leie sinn net betraff.

Här President, ech begrëssen et, dass d'Regierung beim Conseil économique et social eng Etüd an Opdrag ginn huet, wat d'Afierung vun enger negativer Steuer ubelaangt. Mir als Demokratesch Partei hatten dës Iddi schonns 1994 an eise Wahlprogramm stoen; mir hunn deemools geschwat vun engem Biergergeld. Den Här Jaerling seet, si hätten dat schonn 1974 gehat, ech weess net, ob si schonns deemools bestanen hunn.

M. Aly Jaerling (ADR).- Dach, ech war schonn do.

#### (Hilarité)

M. Niki Bettendorf (DP).- Jo, also dat freet een ëmmer, wann een esou Bemierkunge gemaach kritt wéi: 1974 ware mir schonn dofir. Op alle Fall kënn Dir noliessen, Här Jaerling, mir hunn 1994 dofir plädéiert, fir e Biergergeld anzefieren. Wat also déi Etüd rejoignéiert, déi d'Regierung am Abléck maache léisst, fir d'Repercussiounen vun enger Negativsteuer kënnen ze ënnersichen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Fuerderunge vun der LSAP, fir de Salaire social minimum ëm 7% eropzesetzen, entsprécht net der Gesetzgebung, déi mir eis ginn hunn ënnert sozialistescher Regierungsbedeelegung, an ass bei der heiteger Situatioun och net vertriebar. Natierlech läit eis allegueren um Häerz, fir och deene sozial Schwachen esou wäit wéi méiglech entgéint ze kommen, mä mir mussen awer realistesch a konsequent an onsen Approchë bliwen.

Eng vun de Stärken vu Lëtzebuerg, iwwert déi lescht Jorzéngten, war de wirtschaftleche Realismus vun all de soziale Partner. Dës Realismus ass och haut nach present. Esou huet sech de Comité de Coordination Tripartite nach am Abrëll 2002 fir eng Lounpolitik ausgeschwat, déi am Klang mat der Entwécklung vun der Produktivitéit ass. Nëmme doduerch ka längerfristeg de Wuelstand zu Lëtzebuerg garantéiert ginn a weiderhin héich sozial Leeschtungen bruecht ginn. Mir vun der liberaler Partei stinn zum Regierungstext a sinn der Meenung, dass eng 3,5%teg Erhéijung vum Salaire social minimum gerechtfertegt ass. An dobäi kënn, datt et nämlech och déi Leit sinn, déi vun der Erhéijung vum Salaire social minimum profitéieren, déi hir Sue brauchen, an och erëm hei zu Lëtzebuerg ausginn, an esou d'Lëtzebuerg Wirtschaft mat ënnerstëtzen.

Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll och dem Lucien Lux merci soe fir eng Ausso, déi hie gemaach huet, wou hien am Fond eng Richtegstellung gemaach huet iwwert dem Henri Grethen seng Budgetsried, seng Foiresried, wou hien öfters falsch zitéiert ginn ass. Ech si frou, dass den Lucien Lux dat gemaach huet, well ech hat mer d'Budgetsried, d'Foiresried, matbruecht, fir et selwer eng Kéier ze soen. Den Henri Grethen huet deemools gesot: „Je souhaite inviter à la prudence, alors que des initiatives ré-



centes, par exemple en matière d'adaptation extraordinaire du salaire social minimum pourrait mettre en question l'équilibre délicat entre les légitimes aspirations sociales“.

Hien huet also nëmme vun extraordinären Augmentatiounen geschwat. An dofir, Här Lux, merci, dass Dir dat esou prezis richtig gestallt huet. Dat ka jo näischt schueden, wann och e Politiker eppes eng Kéier richtig stellt an dofir soen ech dem Här Lux merci. Ech gesinn awer, hien ass tenace mat senger Proposen a schéngt seng Proposition de loi, déi Augmentatioun vu 7%, opginn ze hunn. Ech hunn elo grad op mengem Dësch en Texte d'amendement fonnt, wou net méi Rieds geet vun deene 7%, mä vun enger Augmentatioun vu 5,2%, an dann nach eng Kéier, méi spéit mengen ech, 1,7%, 2005. Do si mir nach net, Här Lux, op alle Fall soen ech lech merci fir Är Aarbecht, déi Dir lech gemaach hutt.

Ech soe virun allem nach eng Kéier dem Rapporteur merci fir déi excellent Aarbecht a fir d'Presentatioun vu sengem Rapport. An domadder kommen ech zum Schluss, an ech wëll dann och den Accord vun der Demokratescher Partei zu dem Projet de loi vun der Regierung bréngen. Ech soen lech merci fir d'Nolauschteren.

■ **M. le Président.** - Merci, Här Bettendorf. Den nächste Riedner ass den Här Aly Jaerling.

■ **M. Aly Jaerling (ADR).** - Här President, Dir Dammen an Dir Härren, ech wëll och dem Rapporteur félicitéieren fir säin ausféierleche Rapport, deen dat erëm spigelt wat vun der Regierung a Saache Mindestloun erwünscht ass. An ech wëll awer och dobäi dem Här Lux fir seng Initiativ félicitéieren, déi versicht och de Mindestloun a méi engem groussen Mooss ze erhéijen.

3,5% sollen d'Léin an d'Gehälter vun deene 37.020 Salariéen ab dem 1. am Haartmount 2003 mat deem haut virleiende Gesetzprojekt erhéicht ginn. Iwwer 37.000 Leit ginn hei am Land also mat engem absolute Minimum rémunéréiert. An ab dem 1. am Haartmount 2003 wäerten et der nach méi sinn, well ebe mat all Erhéijung vum Mindestloun nei Mindestlounbezéier entstinn, nämlech déi, déi manner wéi 3,5% elo iwwert dem aktuelle Mindestloun leien.

Ech sinn och net mam Här Bettendorf d'accord wann e schwätzt vun enger prozentualer Reduzéierung vun de Mindestlounbezéier. Dat gesäit awer an effektive Chifferen anescht aus. Dat heescht, wa mer méi Salariéen hei am Land schaffen hunn, dann ass et kloer, dass dann de Prozentsaz vun deenen, déi de Mindestloun hunn, erofgeet. Ech mengen, et soll een net d'Zuel vun de Mindestlounbezéier hei am Land domat minimiséieren, dass een eng Prozentspillerei duerbréngt.

Här President, och wann d'Erhéijung vum Mindestloun engem präzise Mechanismus ënnerläit, deen hei schonn erkläert ginn ass, si mer awer hei déi, déi schlussendlech décidéieren wat dann e Salarié dāerf verdéngen, fir ze iwwerliewen. Mir kënnen eis awer, do sinn ech sécher, mat deem wat mer hei verdéngen, kaum an d'Situatioun vun engem Mindestlounbezéier erafillen. Well richtig liewe kann ee mam Mindestloun ganz bestëmmt net. 1944, wéi de Mindestloun agefouert gouf, war d'Philosophie, fir am Interesse vum soziale Fridde Léin festzeleeën, déi et dem Salarié sollten erméiglechen, sech liewensnoutwendeg Wueren unzeschaffen a Wunstméiglechkeeten, fir en dezenten Liewensniveau ze erméiglechen. Dës Philosophie, déi déi eenzeg richtig war an ass, an och bleiwe misst, ass mat der Reform vun 1973 violéiert ginn. Et sinn haaptsächlech nach ökonomesch Critären, déi d'Evolution vum Mindestloun bestëmmen, och

wann dat ëmmer versicht gëtt ze verleugnen. Et gëtt elo nach just vun engem psychologeschen Minimum geschwat, fir de Mindestwäert vun der Aarbecht ze ëmschreiwen. Datt de Mindestloun psychologesch Auswirkungen huet, dat gesäit een, wann ee kuckt war fir eng Problemer déi Leit hunn, déi domadder musse liewen. Mä dofir muss een awer d'Aen opmaachen an an déi richtig Richtung kucken, nämlech och heiansdo no ënnen.

Här President, am Exposé des motifs zu deem Projet sinn eng Rei interessant Bemierkungen erëm ze fannen, op déi et derwäert ass anzugeen, well se total a Kontradiktioun leie mat deem Resultat, wat schlussendlech hei proposéiert gëtt. Zum Beispill ass vermierkt, dass d'Aarbecht net dierf ugesi gi wéi iergendeng aner ökonomesch Ressource, an hire Wäert net dāerf a Fonctioun vum Maart évaluéiert ginn. De soziale Mindestloun soll psychologesch der Aarbecht e fundamental mënschleche Wäert ginn. D'Erhéijung vum Mindestloun kënnt och dozou déngen, fir der Ökonomie e seriöse Coup de pouce ze ginn, fir d'Relance vun der interner Consommation - dorobber kommen ech herno nach eng Kéier méi genau zrëck -, well eben déi Salariéen éischter hir Plus-waalen an d'Consommation stieche wéi an d'Erspuernis.

Am internationale Vergläich, an ech mengen, dat ass hei nach net gesot ginn, läit eise Mindestloun mat 42% vum Duerchschnëttsloun op engem modesten Niveau a Relatioun mat aneren EU-Staten. Nëmmen d'Belsch an England leien ënnert deem Duerchschnëtt.

Här President, ech wëll awer hei net verfeelen, fir e puer Wuert ze verléieren, wat de Prozentsaz vun der Erhéijung ubelaangt. Et ass kloer, dass dem Patronat all Loun-erhéijung zevill ass, an dass et an all supplementar Charge eng Katastroph gesäit. Et ass awer nach kee Betrib um Mindestloun oder un der Indexupassung Faillite gaangen.

Fir d'Tripartite-Gewerkschafte geet déi Erhéijung net wäit genuch. Et misst éischter vu Regierungssäit e staarkt Signal gesat ginn, zumools well d'Renten ëm 4,5% erhéicht gi sinn, a souwiesu duerch den Adjustement nach eng 3,5%teg Erhéijung dobäi kéim ab 2003. Trotzdem ass d'Erhéijung vun 3,5% an der Tripartite akzeptéiert ginn. An der Öffentlechkeet sinn awer groussspuerig Fuerderunge gestallt ginn. Ech fannen dat e bësschen hypokritesch, an et géif esou lues Zäit ginn, dass erëm jiddereen nach just déi Roll spillt, fir déi e sech hiergëtt.

De Projet iwwert de Mindestloun ass och ouni Aweise vun de Beruffschamberen ofgeschloss an deem Parlament virgeluegt ginn. Engersäits sinn ech awer der Meenung, dass et net déi richtig Aart a Weis ass, datt hei e Gesetz gestëmmt gëtt ouni d'Aweise vun alle Beruffschamberen. Anerersäits ass et awer vläicht gutt, dass d'Salariatsberuffschamberen hei keen Avis virgeluegt hunn, soss wier et vläicht erëm virkomm, dass déi Leit, déi an der Tripartite an am Statsrot sëtzen, an déi och mat an de Beruffschamberen d'Soen hunn, hei am Numm vun de Beruffschamberen an aneren Avis ofginn hätten, wéi deen, dee se an deenen anere Gremien akzeptéiert hunn.

#### (Interruptions)

An der Kommissioun, Här Minister hate mer en awer nach net. Ech erënneren do un d'Revisioun vum PAN-Gesetz am Zesummenhank mat de Referenzperiode vum Horaire mobile, wou d'Salariatschamberen en negativen Avis ofginn hunn, an d'Presidente vun deenen zwou Tripartite-Gesellschaften awer an der Tripartite an am Wirtschaftssozialrot hiren Accord ginn haten. Mä déi Situatioun wäert sech vläicht änneren. Wa se elo al-

lenzwee an d'Politik ginn, da brauche se keng esou eng Show méi ofzezéien. Vlächcht kann dann d'LSAP erëm an der Regierung, a wie weess, vlächcht gëtt den OGB-L-Präsident da Statsminister, da kann d'Regierung all sechs Méint eng Kéier e Generalstreik ofblosen. Dobäi feelt dann nach just den LCGB-Präsident als Fraktiounssprecher vun der Opposition. Da wär den Zirkus komplett.

Wat den Avis vun der Chambre de Commerce an der Chambre des Métiers ubelaangt, esou ënnerstëtzen ech awer dat, wat de President vun eiser Kommissioun gesot huet. Ech fannen déi Aart a Weis einfach e Skandal, wéi déi zwou Beruffschambere sech iwwert de Wäert vun der Aarbecht vun deenen net qualifizéierte Salariéen ausloossen, wéi wann deenen hir Aarbecht kee Wäert hätt. Ech fannen dat einfach skandaléis, an ech weisen dat mat aller Entschiddenheet zrëck, well all Salarié hei am Land dréit zu eise wirtschaftlechen Opschwong bäi, an et dāerf net esou sinn, dass iergendeng Zort vu Salariéen hei diskriminär behandelt gëtt.

Här President, ech wëll mech hei net driwwer ausloossen, ob d'Opbesserung vum Mindestloun elo héich genuch ass oder net. Ech wëll dës Tribün emol benotze fir ze analyséieren, wat ee sech dann iwwerhaupt mam Mindestloun ka leeschten, esou wéi ech och wëll analyséieren, wat de Wäert vun der Aarbecht hei am Land iwwerhaupt ass. An ech wëll awer och net verfeelen hei virzebréngen, dass déi Salariéen, déi de Mindestloun verdéngen, och laanscht all Steuerreform a Steiervergünstegunge rutschen, well se keng Steiere bezuelen. Dat géllt esouwuel fir déi rezent Steuerreduktiounen, wéi och fir d'Abattementer, déi fir de Wee fir op d'Aarbecht zougestane ginn.

En Direkter vun enger Entreprise ka vun de steuerlechen Abattementer fir säi Wee op d'Aarbecht profitéieren. E Salarié, deen hie mam Mindestloun beschäftigt, an deeselwechte Wee op d'Aarbecht huet, kann näischt ofsetzen.

Dem ADR seng Proposition also, fir eng Negativsteuer anzeféieren, an Hand vun deem deen, dee keng Steiere bezilt, iwwert de Wee vu Forfaiteen datselwecht kann u steuerleche Virdeeler zougestane kréie wéi deen, deen Abattementer kritt, kënnt sécherlech an deem Beräich Gerechtgeket schafen. Dat wär eng Noutwendegkeet, fir dass och Klengverdénker kënnte vun der Ëmverdeelung, déi mer erwirtschaften, iwwer steierenakasseierten a bis elo schlecht verdeelte Räichtum profitéieren.

Här President, no der Erhéijung vum Mindestloun, ass de Mindestloun fir net qualifizéiert Salarié brutto 1.368,74 Euro beim heitege Stand vum Index. De Mindestloun fir qualifizéiert Salarié ass 1.642,49 Euro. Wann een d'Sozialaaschten an de Beitrag vun der Fleegeversicherung bei engem net qualifizéierte Salarié, dee Jonggesell ass, ofzitt, da bleiwen netto ongeféier 1.148 Euro. Déiselwecht Zomm bleift och enger Famill mat zwee Kanner, wou nëmmen ee Mindestlounbezéier de Revenu vun der Famill erabréngt. Fir hei am Land awer kënnen eenegermoossen ënner mënschleche Bedéngungen ze wunne muss een tëschent 500 a 750 Euro ausginn, jee no Gréisst vum Wunnraum. Huele mer un, dass e Jonggesell e Studio fir 500 Euro fénnit - dann ass e schonn e Gléckskand -, da bleiwen him fir ze liewen nach 688 Euro de Mount.

Et kommen dann duerchschnëtlech nach all Mount 60 Euro Chargen dobäi. Da bleiwen nach 628 Euro. Wann een dann nach dobäi rechent, dass duerch déi Mobilitéit a Flexibilitéit, déi haut vun engem

Salarié verlaangt gëtt, och nach duerchschnëttlech 250 Euro Emprunt a Chargé fir den Auto dobäi kommen, bleiwen nach 378 Euro fir z'iessen, sech ze kleeden a fir Hobbyen. Dat sinn emol keng 100 Euro d'Woch. Nach manner bleift enger Famill mat zwee Kanner, déi just ee Revenu an Héicht vun engem Mindestloun erakritt, well do ass de Loyer, wéinst méi grousssem Wunnraum, dee gebraucht ass, méi héich, esou dass och do ongeféier nach 328 Euro bleiwen, just dass dee Montant muss duerch véier gedeelt ginn. Et bleiwe knapp 20 Euro d'Woch op de Kapp. Dat ass emol net een Drëttel vum deem, wat mir hei an der Chamber fir een Nomëtten als Jeton kréien. Beim qualifizéierte Mindestloun gesäit dat e bësse besser aus, mä och domadder kann eng Famille just végétéieren; liewe kann een dat net nennen.

Här President, dat ass een Element, wat ech wollt virbréngen am Zesummenhang mam Wäert vun der Aarbecht am Land. A wann een da bedenkt, dass 20 Euro op de Kapp sollen dozou bäidroen, esou wéi dat an der Philosophie vum Mindestloun soll sinn, fir d'Wirtschaft hei am Land unzekuerbelen, ech mengen, dann ass dat wierklech phänomenal.

Wann ech de Mindestloun elo a Relatioun setze mam RMG, da stelle sech nach méi Froen iwwert de Wäert vun der Aarbecht. Den RMG fir eng Famill mat zwee Kanner ass 1.584,39 Euro brutto. Wann dës Famill net an enger Sozialwunneng ënnerbruecht ass, steet hir nach ee Mietzouschoss vun netto 124 Euro zou. Beim RMG gëtt keng Pensionskeess ofgehalen. Och dat ass eppes, wou een och emol eng Kéier driwwer misst diskutéieren. Et bleiwen dës Famill netto, wann een de Mietzouschoss matrechent, 1.643 Euro. Dat heescht also, ëm déi 455 Euro weider wéi enger Famill wou eng Persoun schafft. Déi Famill, déi nëmmen ee Mindestloun als Revenu huet, kann awer iwwert den RMG ee Complément kréien, fir op datselwecht Akommes ze kommen. Dofir muss se awer bei d'Sozialamt bielede goen, an een aus der Famill muss 40 Stonnen d'Woch schwéier schaffen, well jo gewosst ass, dass déi Leit, déi fir de Mindestloun musse schaffen, och nach näischt geschenkt kréien. Wou bleift also do de Wäert vun der Aarbecht?

Bei enger Famill an där een de qualifizéierte Mindestloun heem bréngt, gëtt d'Situatioun nach méi grotesk. Déi ka kee Complément iwwert den RMG ufroen, well de Revenu lichter iwwer dem RMG ouni Mietzouschoss läit, a mam Mietzouschoss op gläicher Héicht, just dass ee qualifizéierte Salarié, an enger Famill mat zwee Kanner, 40 Stonnen d'Woch schafft fir datselwecht erauszukréie wéi eng Famill, déi den RMG kritt. Ech wëll domadder net den RMG hei a Fro stellen, ech wëll einfach just de Vergläich zéien am Zesummenhang mam Wäert vun der Aarbecht. Wann een dat aus där Perspektiv kuckt, dann huet d'Aarbecht hei am Land kee Wäert, an da gëtt et héich Zäit, dass mir hei am Land iwwer de Mindestloun an de Wäert vun der Aarbecht nodenken.

Den Här Statsminister huet och schonn hei ugekënnegt, dass hie wëlles huet dëst Thema ouni Tabu deemnächst ze behandelen. Här President, wann ech vum Wäert vun der Aarbecht schwätzen a vum qualifizéierte Mindestloun, da kommen ech net derlaanscht, fir och de Wäert vun der Qualifikatioun ze ernimmen an d'Ennerscheeder hei am Land vun der Rémunéatioun vun der Qualifikatioun ze analyséieren.

Huele mer een Handwierker. Am Privatsektor gëtt e mam qualifizéierte Mindestloun bezuelt, vlächcht och nach lichter driwwer. Am öffentleche Sektour gëtt déiselwecht Qualifikatioun duebel, jo, esouguer bal dräifach esou héich bezuelt. Wie wonnert et dann, dass déi qua-

lifiziéiert Leit aus dem Privatsektor an den öffentleche Sektour drängen? Et kann ee scho bal vun deloyalen Konkurrenz schwätzen. Et ass dofir net verwonnerlech, dass vill Jonker op eng Handwierkerkarrière verzichten, well se genau wëssen, dass se net alleguer an den öffentleche Sektour erakommen a keng Loscht hunn, fir Hongerléin eng qualifizéiert Aarbecht ze verrichten. Wann dem Stat d'Qualifikatioun esou vill Wäert ass, wéi en duerfir am öffentlechem Sektour bezilt, wär et dann net légitime, dass och deene qualifizéierte Leit am Privatsektor datselwecht misst zoustoen? Sollt ee vlächcht net emol iwwerleeën, ob een net kënnt een RMG fir d'Qualifikatioun schafen, deen an dārselwechter Héicht wär, wéi déi qualifizéiert Léin beim Stat? Ech ka mir jo net virstellen, dass dës Regierung sech wäert trauen an der Fonctioun publique an deem Zesummenhang eng Brems anzuleeën.

Op jidde Fall sinn déi Ennerscheeder, déi am Bezuele vun der Qualifikatioun bestinn, einfach net tragbar an degradéieren d'Handwierker am Privatsektor zu Zweetklassesqualifizierter, an dat, obwuel se deeselwechte staatlechen Diplôme hu wéi d'Handwierker aus der Fonctioun publique. An och de Meeschterbréif ass am private Sektour manner wäert wéi beim Stat, well e keen Urecht op eng Lounopbesserung gëtt, wann ee mat engem Meeschterbréif Salarié ass. Datselwecht géllt awer och fir déi net qualifizéiert Salariéen. Och do sinn d'Ennerscheeder net méi tragbar. Et gëtt also nach villes ze dinn, wann an deem Land Gläicheit tëschent de Bierger soll Realitéit ginn. Här President, ech wëll awer och nach e puer Wuert iwwer dem Här Lux säi Gesetzesvorschlag hei verléieren.

Den Här Lux weess, dass seng Proposition mir perséinlech sympathesch ass, jiddefalls méi sympathesch wéi dat, wat vu Regierungssäit eis hei virgeluegt gëtt als Opbesserung vum Mindestloun, mä et ass awer och esou, dass déi Gewerkschaft, déi dem Här Lux no steet, an der Öffentlechkeet net midd gëtt méi wéi 3,5% ze verlaangen virun der Tripartite, mä an deene Gremien, wou et zielt, hannert verschlossenen Dieren dann eng ganz aner Sprooch schwätzt a sech zefridde gewisen huet, dass et iwwerhaupt 3,5% Opbesserung gëtt. Dofir fält et mir schwéier mam Här Lux matzeéien, zemools well mech nach eppes anescht un där Proposition steiert, nämlech den Datum, wou déi Proposition deponéiert ginn ass. Hien hätt dës Proposition misse viru fënnf Joer deponéieren, zu engem Zäitpunkt, wou et hei am Land nach keng konjunktuell Problemer gouf, net ze vergiessen, dass d'LSAP deemools an der Regierung souz a si déi Proposition handfest hätt kënnen ënnerstëtzen.

Et ass, menger Usicht no, an ech kucken dat elo objektiv, vill ze vill einfach, vun aneren eppes ze verlaangen, wat ee viru Jore selwer hätt kënnen mat senger eegener Partei an d'Weeër leeden. Ech sinn awer nach ëmmer der Meenung, grad esou wéi den Här Lux, dass d'Erhéijung vum Mindestloun net dueert. Ech hunn un Hand vun e puer Beispiller opgewisen, dass och eng Erhéijung vu 7% déi substanzuell Problemer vun deene 37.000 Mindestlounbezéier net géif léisen, an net ka léisen. Esou sympathesch wéi mir dem Här Lux seng Proposition och ass, esou schéngt se mir awer och e bësse populistesch, well se menger Usicht no net nëmmen aus sozialen, mä och aus politesche Grënn duergeluegt ginn ass.

Här President, ech hunn et schonn ugeschnidden, mir brauchen eng déifgräifend Diskussioun an déifgräifend Mesuren, fir de Wäert vun der Aarbecht ze honoréieren. Den Här Krieps huet hei den 11. vum Chrëschtmount um 18.25 Auer op



dëser Tribün gesot: D'Aarbecht an de Mérite mussen honoréiert ginn. Engem dee schafft, steet schon dofir e Mérite zou, an een, deen iwwer seng Qualifikatioun nach eng zousätzlech Plus-value matbréngt, verdéngt en zousätzleche Mérite.

**(M. Jean Spautz reprend la Présidence)**

Här President, ech sinn iwwerzeegt, dass dës Erhéijung vum Mindestloun wäert mat grousser Majoritéit gestëmmt ginn. Esou wéi ech och iwwerzeegt sinn, dass sech och eng grouss Majoritéit heibanne wäert fannen, fir esou schnell wéi méiglech eng Diskussioun iwwert de Mindestloun, de Wäert vun der Aarbecht an der Qualifikatioun hei am Land unzereegen. Ech wäert selbstverständlech dëser Erhéijung vum Mindestloun zoustëmmen. Wat dem Här Lux seng Propositionen ubelaangt, kann ech déi, esou sympathesch se mir och ass, aus deene Grënn, déi ech hei opgezielt hunn, net matdroen. Meng Fraktioun wäert déi proposéiert Erhéijung vum Mindestloun stëmmen.

**(Interruptions diverses)**

Leet do Äre Kapp a Rou, ech hunn zevill en décke Kapp, fir dass iergendee mir kann ee Maulkuerf drop setzen.

**(Hilarité)**

M. le Président.- Den Här Glesener huet d'Wuert.

M. Marcel Glesener (CSV), *rapporteur*.- Här Jaerling, et war interessant, wat Dir elo grad gesot hutt, an dofir meng Fro am Zesummenhang mat dem Virschlag vun der sozialistescher Partei, de Mindestloun ëm 7% ze erhéien.

Wësst Der nach, dass déi lescht Mindestlounerhéijung ënner sozialistescher Bedeelegung 1,3% war?

M. Aly Jaerling (ADR).- Jo. Dat ass Geschicht. Mir si jo awer elo an enger neier Evolutioun, an ech mengen, wann den Här Lux...

**(Interruptions diverses)**

...seng Propositionen viru fënnef Joer erabruecht hätt, dann hätte mir awer eng ganz aner Diskussionsbasis gehat wéi déi elo, an dann hätt Dir, als ehemolege President vun enger Gewerkschaft, och ganz anescht an an eng aner Richtung misse schwätzen.

Ech bleiwen op jidde Fall menger Linn trei. Jiddferree weess, op wat fir enger Säit ech stinn an ech maachen och ni en Heel draus. Dat wäert och an Zukunft ni geschéien.

Dann zum Amendement vum Här Lux a vun der sozialistescher Fraktioun. Deen Amendement ass sympathesch a versicht, nodeem dass d'Proposition de loi ofgelehnt ginn ass, nei Elementer ze bréngen. Mä do ass awer eppes, wat mech direkt stéiert an zwar, dass an deem Amendement just Rieds geet vun net qualifizéierte Mindestléin.

Hei an deem Amendement geet just Rieds vum net qualifizéierte Mindestloun. Dat heescht, wann Dir awer just wëllt den net qualifizéierte Mindestloun erhéien, dann entwäert Der jo domat d'Qualifikatioun, an domadder kann ech awer net d'accord sinn. Ech mengen, wa mer vum Mindestloun schwätzen an en Amendement eraginn, dann däerf een net nëmme vum net qualifizéierte Mindestloun schwätzen, mä da muss een awer och vun deem aneren...

**(Interruption)**

Hei geet just Rieds vum net qualifizéierte Mindestloun. Bon, wou ech jo hei gesot hunn, dass awer d'Qualifikatiounen trotz allem mussen eng gewësse Valeur behalen, kann ech do mat deem Amendement och net d'accord sinn.

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi*.- Kann ech den Här Lux a Schutz huelen?

An eisem Projet steet och näischt iwwert de qualifizéierte Mindestloun, well deen ass am Basisgesetz automatesch un den net qualifizéierte Mindestloun gekoppelt. Dat heescht, wa mir den net qualifizéierte Mindestloun - dat ass dat Eenzezt wat mer och haut stëmmen - ëm sou vill Prozent erhiewen, kënn automatesch, ouni dass mer dat mussen an dësem Gesetz virgesinn, eng Augmentatioun och fir de qualifizéierte Mindestloun.

M. Aly Jaerling (ADR).- Entschëllegt, an den Explikatiounen vum Gesetz, wat mer haut stëmmen, stinn awer déi zwee Chiffere...

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi*.- Dass Der et sollt wëssen.

M. Aly Jaerling (ADR).- Hei sti se net dran.

**(Hilarité et brouhaha général)**

Ech entschëllege mech dann, dass ech erëm total derniewent louch.

**(Hilarité)**

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här François Bausch agedroen. Den Här Bausch huet d'Wuert.

M. François Bausch (*DÉI GRÉNG*).- Här President, Dir Damen an Dir Hären, mir diskutéieren am Kontext vun deem Projet de loi haut iwwert déi Leit, déi vergiess ginn an der Regel, wann et gutt geet an eiser Gesellschaft. Et sinn awer och genau déi Leit, un déi un éischer Stell geduecht gëtt, wann et erëm schlecht geet an der Gesellschaft. Well mir konnten dat an deene leschte Woche suivéieren.

Egal wéi verschidde Rieden interpretéiert gi sinn, et konnt ee virun allem mol a verschiddene Stellungenahme vu verschiddene Berufskammeren och ganz daitlech ersauliesen, dass se an ekonomesch schlechten Zäite fir d'éischt un déi denken, deenen et sou wéi sou schonn net gutt geet, fir deenen nach manner ze ginn. Et ass awer och déi Kategorie vu Leit an eiser schéiner Konsumgesellschaft, déi, wann et gutt geet, am mannste profitéieren dovun dass et gutt geet, an am mannste kënnen deelhuelen um Kaufrausch, dee sech dann dévoppéiert.

Wann ech zrëckkucken, virun zwee, dräi Joer zu Lëtzebuerg, wéi et geboomt huet, wéi eng ganz Rei Kategorien an eiser Gesellschaft an där Situatioun vill gefuerdert hunn, och vill kritt hunn, an deene leschte Joren dovunner gutt konnte profitéieren an deementspriedend gutt konnte liewen, waren et grad déi dote Kategorië vu Leit, déi näischt bis ganz, ganz wéineg kritt hunn, an donc och dunnt net konnten un deem Wuelstand dann deementspriedend deel huelen. Et ass och esou, dass genau déi do Kategorien duerfir sinn, déi, wann eis Konsumgesellschaft, wéi et am Moment ass, e liichte Schnapp kritt, séier riskéieren eng Longenentzündung ze kréien an effektiv duerfir ganz vill Schwierigkeiten hunn, fir nach iwwerhaapt iwwert d'Ronnen ze kommen.

De Mindestloun ass an deene Gréngen hiren Aen ee vun deene wichtegsten Acquis vum Sozialstat an eiser Gesellschaft. E garantéiert zumindest, dass hei am Land, an och an deene meeschte Länner vun der Europäescher Unioun, net dat geschitt, wat zum Beispill an de Vereenegte State passéiert, wou esou eng gesetzlech Basis net existéiert, wou mer haut eng nei Klass hunn an der Gesellschaft, déi sech nennt „the working poor“. Dat heescht Leit, déi eng Aarbecht hunn, déi eng normal Aarbecht hunn, déi 40 an esouguer nach méi Stonnen d'Woch schaffen, an déi Aarbecht, déi se hunn, an hire Revenu, dee se kréien, emol net duergeet, fir kënnen dezent ze liewen. Dat heescht, dass se esouguer mat där

normaler Aarbecht, déi se hunn, an den Aarmuttsberäich ofrutschen an ugewise sinn op karitativ Organisationsiounen. Et ass esou, dass déi Leit natierlech och esouguer an der Regel duerfir mussen zwee bis dräi Joben hunn, fir iwwerhaapt kënnen ze existéieren.

Elo ginn ech dem Här Lux awer Recht, wann e seet, och wa mer dee Mindestloun hunn, wat e wichtige sozialen Acquis ass fir dat dote ze verhéieren, dann ass dat nach laang net esou, dass déi Leit do kënnen iwwert d'Ronne kommen, ouni zum Beispill, jee nodeem wéi hir Familijsituatioun ass, awer op d'Sozialgesetzgebungen zrëckzegräifen, wéi zum Beispill den RMG, dee se mussen ufroen als Complément, fir kënnen ze iwwerliewen, an dann nach relativ méi schlecht wéi recht iwwerliewen. Si hunn dann zwar de Minimum, fir dass se net an d'Aarmutts-grenz ofrëtschen, dat ass kloer, mä et kann een net behaapten, am Verglach zum Rescht vun eiser Gesellschaft haut, dass se gutt géinge liewen.

Et ass och richtig, wéi den Här Lux haut virdu gesot huet, dass dat dote Kategorië si vu Leit, déi gréisstendeels bei de Kollektivverträge net méi berücksichtegt ginn, well dat meeschtens Leit sinn, déi aus de Kollektivverträge erausfalen, an et och immens schwéier gëtt, fir iwwert den normale gewerkschaftleche Wee duerfir ze suergen, dass an deene Secteuren, déi do beträff sinn, déi Leit normal Léin kréien, déi besser ausgesi wéi dat haut de Fall ass, an dass et och duerfir kloer ass, dass de Stat eng immens Responsabilitéit huet fir duerfir ze suergen, dass déi dote Kategorië vu Leit gehollef kréien.

Eng Geleeënheet, wou een hinnen hätt kënnen hëllefen, dat wär effektiv gewiescht am Joer 2000, wéi d'Regierung decidéiert huet e gréissere Steierreduktiounspak op den Instanzewee ze schécken. Ee Steierreduktiounspak, wou mir dergéint gestëmmt hunn, aus villfältege Grënn. Ee Grond, dat war deen, deen ech am Kader vun de Budgetdebatten erkläert hunn. Een anere Grond war awer och deen - an deen erklären ech dann haut - well mer der Meenung waren, dass en total antisozial wär, dass en déjéineg, déi ganz vill géinge verdéngen, zollid géing zerwéieren, an dass déijeene, déi wéineg géinge verdéngen an eiser Gesellschaft, ganz wéineg bis guer näischt géinge kréien.

Et hätt een eiser Meenung no, amplaz dass nëmme global Steierreduktiounen gemaach gi si fir Leit, déi souwisou scho relativ vill, fir net ze soe genuch hunn, kënnen am Kader vun enger Steierreform am Joer 2000 op de Wee goe vun enger Negativsteuer. A wann ech dann elo héieren hei, dass gesot gëtt, d'Regierung hätt eng Studie an Opdrag gi fir ze analyséieren ob déi Negativsteuer do machbar wär, oder a wat fir enger Form se machbar wär, da wëll ech drop hiweisen, dass déi Diskussioun iwwert d'Negativsteuer schonn en zolitte Baart huet an eiser Gesellschaft. Well ech ka mech erënnern, dass mer bal bei all Mindestlounerhéijung, déi mer an dësem Parlament an deene leschte 15 Joer - zumindest déi 15 Joer, bal 15 Joer, wou ech elo hei sinn - diskutéiert hunn, ëmmer erëm déi Diskussioun komm ass vun enger Negativsteuer a gesot ginn ass, et misst een endlech analyséieren a wéi enger Form een déi kéint aféieren.

Ech muss och soen, et ass e bessen aarmséileg, wann ech da fest-

stellen, dass am Joer 2000 - an do-riwwer eraus déi Joren dann duerno - d'Regierung näischt Besseres fäerdeg bruecht hu fir ze soen: Mir mussen dann elo erëm eng Kéier kucken, eng Studie an Opdrag ze ginn, fir ze kucken ob dat machbar ass. Mir hate jo an der Kommissioun och vill Diskussiounen mam Aarbechtsminister, awéifern dass de Mindestloun sech eegent als Instrument fir Verdeelungsgerechtkeet an der Gesellschaft ze suergen, fir eben ze kucken, dass déi Leit, déi bei der Verdeelung vum Räichtum an eiser Gesellschaft schlecht ewech kommen, nämlech déi heite Kategorie, ob duerfir d'Mindestlouninstrument dat géeegentst ass. An de Minister huet gemengt, dat wär net dat géeegent Instrument. Et misst ee sech anerer sichen, an duerfir wär déi Studie iwwert d'Negativsteuer an Opdrag gi gi vun der Regierung.

Ech hunn deemools an der Kommissioun gesot, an ech bleiwen och haut bei där Meenung, dass dat e bässe wéi e schlechte Witz geklongen huet fir mech, well et wäert jo awer elo keen eis wëlle wäiss maache kommen heibannen, dass, nodeem mer all eis Cartouché verschoss hunn am Joer 2000, an eng Richtung, wéi ech virdu gesot hunn, zu Gonschte vu Leit, déi eigentlech vill manner et néideg gehat hätten, an elo d'Finanzsubstanz vum Stat op wackelege Féiss steet, elo grad haut mer an d'Situatioun géinge kommen, an deenen nächsten zwee Joer, an dat géingen nohuelen, wat mer 2000 verpasst hunn. Dat ass awer elo wierklech blanken Zynismus fir mech an dorunner gleeft wierklech, jiddefalls menger Meenung no, eeschthaf kee Mënsch. Och net de Minister, an och net dës Regierung.

Ech behaapten, dass duerfir déi Diskussioun, fir aner Instrumenter ze sichen, ausserhalb vum Mindestloun, fir deene Leit mam Mindestloun, fir deene Kategorië vu Leit, déi ënnert de Mindestloun fallen, ze hëllefen, deenen ënnert d'Äerm ze gräifen, dat mat Sécherheet an deenen nächsten zwee, dräi Joer, sou wéi d'Konjunktur nach haut ass, keen Thema wäert sinn. Dat hätt ee misse maachen an Zäiten, wou et gutt geet. An dat weess d'Regierung och. Duerfir ass dat mat Sécherheet blanken Zynismus, fir dat elo grad ze behaapten.

Ech muss och soen, dass et sécherlech richtig ass, dass et elo an dëser Situatioun, wou mer elo am Moment sinn, natierlech geféierlech wär fir ze soen, mir ginn einfach hin a mir setzen d'Proposition de loi vum Här Lux ëm, esou wéi hie se virun enger längerer Zäit - muss een awer éierlechteetshalwer och soen - erabruecht huet. Wann en hei de Prozess gemaach kritt vun eenzelne Leit, e wär irresponsabel, da muss een awer soen, dass déi Proposition de loi zu engem Zäitpunkt och nach gemaach ginn ass, wou d'Konjunkturlag insgesamt anescht war, dass et elo am Moment psychologesch sécherlech net de géeegente Moment wär fir op ee Coup déi Erhéijung ze maachen op den 1. Januar 2003.

Ech mengen, et ass och dat, wat d'Grënn sinn, wann ech d'Explikatiounen richtig gelies a verstanen hunn, déi den Här Lux hei ginn huet, firwat en op de Wee gaang ass fir ze soen - och wann ech verstinn, firwat mir dat do aus psychologesche Grënn de Moment, wéinst der gesamter Konjunkturlag, elo net kënne maachen -, dass een dann awer wéinstens kéint en Zeeche setzen, andeems een eng zweet Etapp haut scho virgesäit fir d'Erhéijung vum Mindestloun, sou wéi en dat a sengen Amendementer proposéiert huet an déi Amendementer och duerfir esou eraginn huet.

Ech muss och soen, dass sinn Amendementen, déi mir op alle Fall sympathesch fannen als Gréng, well mer der Iwwerzeegung sinn, dass se responsabel sinn, well se

effektiv gewëssene Saache Rechnung droen, déi ech virdu gesot hunn, an awer och dem Aspekt Rechnung droen, dass mir haut an enger anerer Situatioun sinn.

Wann ech dann awer héieren, dass hei Leit erop kommen a mir ziele kommen, dat wär net seriö, well mir hätten eis engagéiert zu enger moderater Loun- a Gehaltspolitik an deenen nächste Joren, da wëll ech éischters drop hiweisen, an deene Leit rappeléieren, dass d'Mindestlounerhéijung souwisou eng Erhéijung ass, déi mat zwee Joer Verspéidung gemaach gëtt. Dat heescht déi baséiert op enger Situatioun vun der Lounentwécklung, wou aner Leit scho laang dovunner profitéiert hunn. Zweetens wäerte mir jo awer och bei den normale Léin an deenen nächsten dräi Joer net stoe bleiwen.

Ech wëll drop hiweisen, dass mir hei an der Chamber à l'unanimité zwar, mä ëmmerhin op Initiativ vun der Regierung och eppes gemaach hu fir d'Loun- a Gehaltspolitik, nämlech am öffentleche Secteur, wou mir iwwert déi nächst dräi Joer, dat heescht bis 2005, 4,8% Lounerhéijung decidéiert hunn. Dofir, wann een deen Term «moderat Loun- a Gehaltspolitik» an de Mond hält, da muss ee sech awer fir zwee Su konsequent sinn, wann een dat an deem Sënn versteet, wéi vereenzelt Riedner dat hei verstanen hunn, dass een elo bei de Mindestlounverdenger näischt soll maachen.

Dann hätt een dat och missten uwenden, zumindest an deem Secteur, wou de Stat als Arbeitgeber responsabel ass. An dann hätt een dat net dierfe stëmmen. Dann hätt ee misse mat Nee stëmmen, wéi dat hei decidéiert gouf oder et hätt een zumindest misse dann elo versichen, am Kader vun de Budgetdebatten dofir ze suergen, dass de Budget esou amendéiert gëtt, dass déi Loun- a Gehaltserhéijung, déi do virgeholl gëtt, erëm a Fro gestallt gëtt.

Mir hunn dat net gemaach, mä den Här Bettendorf hunn ech och net héieren dat hei maachen. Dofir sinn ech erstaunt driwwer, dass hien dann awer hei vu moderater Loun- a Gehaltspolitik schwätzt, wann et ëm déi Leit geet, déi wierklech am mannsten an eiser Gesellschaft hunn. An dat ass fir mech dofir en Argument - wéinst deene Grënn, déi ech gesot hunn -, dass dat absolut net akzeptabel ass.

Fir eis als Gréng ass et kloer: Mir wäerten dëst Gesetz hei stëmmen, obscho mir der Meenung sinn, dass et effektiv fir déi Leit, déi beträff sinn, an an där schwieriger Situatioun, wou mir am Moment sinn, nëmmen eng Drëps op e waarme Steen ass, déi sécherlech net dozou bäidréit, dass déi Leit elo kënnen vu Freed aus dem Käfig sprangen an deenen nächste Méint. Et geet wierklech just duer, fir dass déi Leit net ganz ënnert d'Rieder geroen, zemoos wann et sech géif ofzeechen, dass d'Konjunktur an d'Wirtschaft insgesamt an deenen nächste Joren nach méi lues géifen dréinen, mat alle Konsequenzen, déi dat da wäert hunn - an dat hunn ech jo och gëschter hei behaupt beim Budget - fir aner Beräicher vun der Sozialpolitik vum Stat.

Mir wäerten awer d'Amendemente vun der LSAP stëmmen, well mir fannen, dass si déi richtig Zeeche setzen an där Situatioun, wou mir eis haut befannen. Domadder wär ech um Enn ukomm, Här President. Ech soen lech merci fir Är Opmierksamkeet.

Des voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Serge Urbany agedroen. Den Här Urbany huet d'Wuert.

M. Serge Urbany (*déi Lénk*).- Merci, Här President. Ech wëll direkt soen, dass ech dat Gesetz hei stëmme wäert, wat ech en



normaalt Gesetz fannen. E Gesetz, wat iwwerfällég ass a wat gutt begrént ass.

Wann ech déi méi wäit gehend Iwwerleeungen, déi hei gemaach gi si vum Här Lux, duerno vum Här Jaerling a vum Här Bausch deelen, dann ass et well ech och gesinn, dass de Mindestloun, wann een hie vergläicht mam Duerchschnëtt vun de Léin an eisem Land, nach relativ bescheiden Ausmoossen huet. Och wann een déi absolut Montante gesäit muss een doraus schléisen, dass de Mindestloun och an nächster Zäit nach wesentlech muss erhéicht ginn.

Ech mengen allerdéngs net, esou wéi den Här Jaerling virdru gesot huet, dass et elo wichteg wär, fir ze kucke vu wat fir enger politescher Säit déi Propositionen do kënn, oder ob se net hätt éischter kënnen gemaach ginn? Ech mengen, dass et deene Leit, déi vun där Augmentatioun géife profitéieren, zimlech egal wär, wa se géif esou duerchgefouert ginn, wéi se virgeschloe ginn ass.

Ëmsou méi bestätegt ginn ech a menger Haltung zu deem Projet hei, wann ech de Rapport conjoint vun der Chambre de Commerce an der Chambre des Métiers liesen. D'Grondphilosophie, wann ee vu Philosophie iwwerhaupt ka schwätze bei deem Avis, besteet jo doranner, dass déi Chamberen eng zweete Kéier, wéi d'lescht Joer, wou jo awer nach all Chifferen no uewe gewisen hunn, d'Afréierung, wann net souguer d'Ofschafung vum Mindestloun fuerderen.

Dat Ganzt berout op deem simplen, awer falsche Postulat, dass déi wirtschaftlech Interessen identesch wiere mat den Interesse vun de Besëtzer vun de Betriber. Wa Leit hei wëllen am Numm vun der Gesellschaft Wirtschaft féieren, den Intérêt général also wëlle verrieden, da stellen ech mer awer d'Fro, ob dat dann zu näischt verpflichtet?

Ech wëll dat mat där Feststellung verbannen: Et gétt jo eng Hellewull vun Zuelematerial, wat d'Entwécklung vun de Léin, vun der Sécurité sociale, vun de Sozialleeschungen, vun de staatlechen Einnahmen an och den Ausgaben ugeet - de Stat ass esou transparent, wéi nach ni virdrun -, et gétt awer ganz séier wéineg Material, Här President, iwwert d'Entwécklung vun de Benefisser, iwwert d'Verhältnis vun de Benefisser zu de Léin, zu de Sozialleeschungen an zu de Stats- a Mengenausgaben! Dat ass dat besch gehéint Geheimnis, wat et zu Lëtzebuerg gétt. Dat ass och de Fong vum Steiergeheimnis. De Sënn dovunner ass, fir déi Besëtzend ze schützen.

Der Chambre des Employés privés ass an der Vergaangenheet schonn e puermol de Mérite zoukomm, dass si versicht huet e bësse Klorheet an déi Zuelen do ze bréngen. Dofir ass et och ze bedauern, dass dee Bericht nach net virläit. Et gétt zwar äusserlech Zeechen, déi op de Rächstum hindeuten, deen et an eisem Land gétt. Et brauch ee sech nëmmen déi Palaise vun de Banken unzekucken an et vergläicht een zum Beispill déi Wäerter, déi doranner materialiséiert sinn, mat de Léin vun de Convoyeurs de fonds, déi all Dag d'Suen transportéieren zu de Banken. Da gesäit een, dass déi Leit e bësse méi wéi de Mindestloun nëmme verdéngen.

Den Här Lux hat d'lescht Kéier bei der Erhéijung vum Mindestloun - ech hat dat nogelies - vu Yachte geschwat, déi vill Lëtzeburger Entrepreneur an Mëttelmier an och soss am Ausland hunn. Vill Rächstum geet effektiv iwwert d'Grenzen eraus an entzitt sech domat eise Blécker. Duerfir fällt och d'TVA esou niddereg aus, trotz deene massive Steiersenkungen, wou ee jo hätt kënnen unhuelen, dass déi alleguerte géifen a Konsum ëmgesat ginn. Ech fannen et ënnert deene Bedéngungen eng Indécence, wann ee Léin vu

60.000 Frang eng onzoumutterbar Belaaschtung fir d'Ekonomie nennt. An enger Situation économique précaire gétt gesot wiere mir dran.

Ech mengen, dass dës Fro vum Mindestloun net ausschliesselech eng Fro vu sozialer Gerechtegkeet ass vis-à-vis vun deene Schwächsten an der Gesellschaft, mä dass si effektiv och eng ekonomesch Fro an engem breede gesellschaftleche Sënn ass. D'Propriétéit vum Kapital berechtigt jo dozou, iwwer en Deel vun der Wirtschaft ze verfügen. Wann awer eleng d'Marge bénéficiaire, wéi deen Avis vun deenen zwou Chamberen et formuliert, zielt, da sinn déi Aktionäre jo all politescher Kontroll entzunn. Da kënnen si hir Aktien op der Bourse kafen a verkafen, ouni all Rücksichten ze huelen op déi sozial an ekologesch Konsequenzen, déi normalerweis bei enger kohärenter Wirtschaftspolitik misste berücksichtegt ginn.

Dobäi kënnen och wirtschaftlech Wäerter an engem ganz grouss Moosstab zerstéiert ginn. Et ass vun 8.000 Milliarde geschwat ginn, déi an engem Joer op de Bourssé verpolvert gi sinn. Den Här Statsminister huet déi Zomm genannt. Ech froen lech: Wéi vill Mindestléin kéint ee mat esou enger Zomm finanzéieren, wann een héiert, dass de Coût vun där heiter Mindestlounerhéijung bei 2 Milliounen Euro läit?

An der Debatt iwwert d'nohalteg Entwécklung huet zu Recht den deemolege Rapporteur, den Här Calmes, drop higewisen, dass d'Ausbeutung vun der Natur net kéint zum Nulltarif geschéien, well soss keng nohalteg Entwécklung méiglech wier. Mat därselwechter Konsequenz muss och d'Erlaabnis, fir Aarbechtskraaft anzesetzen, eiser Meenung no gebonne ginn u gewëssen Obligatiounen. Ëmsou méi, well et hei nieft der intakter Ëmwelt och nach ëm déi intakt mënschlech Beziéunge geet. Esou verstinn ech och déi Ausso am Rapport iwwert d'Unerkennung vun der Aarbecht als Valeur fondamentale an eiser Gesellschaft.

Wann een d'Mindestlounemfänger der Chambre de Commerce hirer Logik géif iwwerloossen, da wiere se just nach eng Wuer, déi dem Despotisme de la fabrique iwwerlooss wier, wéi dat am 19. Jorhonert geheescht huet. Et wier effektiv e Réckgang an dat 19. Jorhonert. Et ass schonns grotesk, wann ee liest d'Würd vun de Lounofhängegen wär ugetaacht duerch déi Amëschung vun der Politik an d'Festsetzung vun de Léin. Ech zitieren dee Saz: «Elles se demandent» - les chambres - «en outre comment l'immixtion étatique dans la politique salariale pourrait être interprétée comme une mesure tendant à assurer la dignité du travailleur?», froe sech déi Hären. Ech mengen au contraire, dass et och d'Aufgab vun der Politik ass, d'Lounentwécklung an e gewësse Kader ze setzen, deen iwwerengs net beschränkt muss sinn op de Mindestloun.

Ech wëll do uknäppen un déi Iwwerleeungen, déi och den Här Jaerling gemaach huet iwwert d'allgemeng Lounpolitik, iwwert d'Stellung vum Loun an eiser Gesellschaft. Zum Beispill kéint ee sech eng Aart universelle Lounstatut virstellen, deen d'Qualitéit als Aktiven an der Gesellschaft unerkennt, och wann een net schafft, well d'Gesellschaft zum Beispill engem keng Aarbecht ka ginn, oder wann ee sech weiderbilt oder wann ee Kanner erzitt, oder zum Beispill wann een als Jugendlechen nach eng Ausbildung mécht. A mer mussen och deene Leit, mengen ech, d'Gefill ewech huelen, dass se ënnert der Tutelle an ënnert der Kontroll vum Stat stinn. Well mer musse wëssen, dass et entwürdigend ass op d'Aarbechtsamt ze goen, dass et entwürdigend ass den RMG ze kréien a sech enger gewësser Kontroll dobäi ze ënnerzéien.

De Verrieder vun 'déi Lénk' huet bei der Debatt 2000 iwwert déi lescht Erhéijung vum Mindestloun hei gesot: „De Mindestloun ass de Kollektivvertrag vun deenen, déi kee Kollektivvertrag hunn“. An ech mengen, dat ass d'Situatioun effektiv, wéi se sech presentéiert.

Här President, villes wat hei gesot ginn ass, zur Verteidegung vum Mindestloun, deelen ech voll a ganz. Ech wäert och dat Gesetz hei stëmmen, ech hunn et scho gesot, ech wäert och den Amendement Lucien Lux zu deem Gesetz hei stëmmen.

Zum Schluss vu menger Ried wëll ech awer dat heite soen: Et muss ee besonnesch deene klenge Patrone soen, och déi aus dem Horescasecteur zum Beispill, an net nëmme bei deem heite Gesetz, mä och bei deem nächste Gesetz wat elo kënn, iwwert d'Durée du travail an deem Secteur: Dir braucht motivéiert Mataarbechter, also Leit, déi gutt Aarbechtsbedéngungen hunn, a gitt hinnen net d'Schold un Ären eventuelle finanzielle Problemer.

An ech mengen, et muss eng aner Mëttelstandspolitik hier, déi déi kleng Betriber ënnerstëtzt, zum Beispill aus dem Surplus vun deene groussen a gréisste Betriber, déi an dësem Land nach ëmmer massiv Geld verdéngen.

Mä eng Ëmverdeelung ze verlaangen, op Käsche grad vun Äre Mataarbechter, vun Äre schlecht bezuelte Mataarbechter, dat ass eng relativ schappeg Attitude, déi Är ganz Profiessoun net grad honoréiert. Domat wär ech fäerdeg.

**M. le Président.-** Den Här Lucien Lux huet nach eng Kéier d'Wuert gefrot.

**M. Lucien Lux (LSAP), auteur.-** Här President, Kolleeginnen a Kolleegen. Ech wollt just ganz kuerz dem Rapporteur an och dem Minister merci soe fir déi Attitude, wéi mer virdrun an och haut deen Débat gefouert hunn, an och soen, dass mer natierlech eisen Amendement wäerten ënnerstëtzen - dat schéngt mer kloer ze sinn -, mä och d'Gesetz, déi 3,5%, wäerte stëmmen.

Mä ech wollt virun allem op eng Behauptung zrëckkommen, déi elo wéi vill Mol vun eenzelne Riedner gemaach ginn ass, fir ze soen, déi extraordinär Augmentatioun vu 7,5%, déi mer deemools 1991 gemaach hunn, hätt näischt mat de Steierliichterungen ze di gehat, dat wär reng Methodologie gewiescht. Dat huet de Rapporteur gesot, dat huet och de Kolleg Betendorf vun der DP gesot, dofir wëll ech awer nach eng Kéier, Här Minister, d'Konklusioun vum Exposé des motifs vun 1991, esou wéi den deemolegen Aarbechtsminister, Jean-Claude Juncker, se eragereecht huet, zitieren.

Ech huelen dat ëmmer eescht, wat Dir der Chamber als Exposé heinnerleet. Dat ass vläicht mäi Feeler, dass ech dat eescht huelen, mä deemools...

#### (Interruption)

...an de Konklusioun vum 14. Januar 1991 - Här Glesener, lauschert ee fir allemol, an da soen ech et ni méi - do steet dran: „Un relèvement du salaire social minimum est par ailleurs à considérer comme mesure sociale, accompagnant la récente réforme fiscale dans le cadre de laquelle les titulaires du salaire social minimum constituent une des catégories de personnes proportionnellement moins favorisées que d'autres“.

Hei steet also am Exposé des motifs vun der Regierung 1991 ganz kloer dran, dass déi extraordinär Augmentatioun, déi mer do gemaach hunn, sécherlech och eng Fro vu Methodologie war. Mä de

Kontext war och dee vun de Steiererliichterungen, fir deene Leit ënnert d'Äerm ze gräifen, déi bei de Steiererliichterungen eidel, oder de facto eidel, ausgaange sinn. Ee fir allemol waren dat d'Konklusiounen vun der Regierung.

**M. le Président.-** De Berichterstatter, den Här Marcel Glesener huet nach eng Kéier d'Wuert gefrot.

**M. Marcel Glesener (CSV), rapporteur.-** Jo, Här President, ganz kuerz zu deem, wat den Här Lux elo gesot huet. Ech hunn dat och a mengem schrëftlechen, a virun allem am mëndleche Rapport awer däitlech gesot. Ech wëll dann nach eng Kéier kuerz op dat zrëckkommen, wat mer deemools virum 1. Abrëll 1991 diskutéiert hunn.

Den ausschlaggebenden an Haaptgrond, fir déi 7,5% Erhéijung vum Mindestloun ze maachen - dat war eenzeg an eleng den Haaptgrond - war d'Opfänke vum Nachholbedarf vun 1986 un; dat war d'Argument. An da fuere mer an der Zukunft ëmmer esou weider.

Mä mir hunn awer subsidiaresch, fir dem Drock entgéint ze wierke vun deenen, déi sech géint deen integralen Nachholbedarf ausgeschwat hunn, gesot: Da lauschtert emol, et gétt awer nach ee subsidiaresche Grund, fir dat doten ze rechtfertegen, an dat waren déi Steiererliichterungen. Mir hunn awer net gesot, datt wann eng Steiererliichterung kënn, automatesch och d'Mindestléin missten deementspriedend ugepasst ginn, oder erhéicht ginn, oder ech weess net wat. Mä dat war guer net d'Argument.

A mir sinn an der Logik vun 1991, och dëst Joer 2002, wou mer gesot hunn, den Ajustement vun de Mindestléin ass d'Folleg vun der Lounentwécklung, an et soll dat och nëmme bleiwen. An dat huet näischt mat steierlechen Erliichterungen ze dinn.

An ech soen lech ofschléissend nach eppes: Mir ginn op e ganz geféierleche Wee - a gleeft mer wat ech lech elo soen, dat soen ech aus enger laangjähreger Erfahrung -, wa mer ufanken iwwer e wesentlecht Fundament vun der Ajustementpolitik ze diskutéieren, a permanent Argumenter siche ginn, fir iwwert déi Lounentwécklung eraus d'Mindestléin ze ajustéieren, ze erhéijen, soen ech lech, Kolleeginnen a Kolleegen. Da begi mer eis op ee Wee, wou et net méi sécher ass, ob mer a fënnef oder an zéng Joer iwwerhaupt nach en Ajustement vu Mindestléin hei kënnen beschléissen. Gleeft mer dat. Hënn déi schlofe soll een net waakrech maachen.

#### (Interruption)

Jo, jo.

#### (Brouhaha général)

**Une voix.-** Très bien.

**M. le Président.-** D'Wuert huet elo den Här Aarbechtsminister François Biltgen.

**M. François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi.-** Här President, Dir Dammen an Dir Hären, elo kënn en Hond dee waakrech ass, an ech hunn och ganz waker Är Debatten hei nogelauschtert. Ech mengen et gouf ganz vill gesot, ganz vill argumentéiert an ech wäert och dofir wierklech net op alles agoen, well et ass deem net vill bäizefügen.

Ech wëll och haut an deem Sënn dem Marcel Glesener als Rapporteur merci soe fir säi schrëftlechen, a virun allem och säi mëndleche Rapport, wou en nach eng Partie Antécédants erabruucht huet, déi awer, mengen ech, ganz gutt gesot sinn - fir e bësselchen den Historique ze maachen. Et kann een net iwwert d'Mindestlounentwécklung schwätzen, wann een net och den Historique mécht.

Ech wëll eigentlech siwe kleng Remarquë maachen. Déi éischt ass déi, dass ech ganz fro sinn - wéi och scho virun zwee Joer - hei virun enger Chamber ze stoen, wou et eigentlech eng Unanimitéit gétt, fir dass de Mindestloun soll eropgesat ginn. Dat war net ëmmer esou. Mir wäer jo zum Beispill frou gewiescht wann haut den Här Mehlen hei gewiescht wär, en hätt den Här Jaerling haut héieren, an en hätt sech u seng Riede vu fréier erënnert.

Mä et war net ëmmer esou an et ass och bestëmmt net am Ausland esou. Am Ausland ass eng Mindestlounerhéijung eng ganz schrecklech Debatt an der Chamber. Hei ass se fir mech net schrecklech, well hei scho jiddferen d'accord ass, fir dat, wat d'Regierung proposéiert, just eben, dass der der Meenung sinn, et misst een nach méi wäit goen.

Eng zweet Remarque ass allerdéngs déi, dass mer eis awer hei och solle bewosst sinn - mat aller Freed, déi ech doriwwer hunn, dass dës Chamber esou ass, wéi se ass -, dass mer dobaussen e klengen Ënnerscheed hunn tëschent dem Pays légal, dee mer duerstellen, an engem groussen Deel awer vu Pays réel.

Bei grousser Kreerer, a Wirtschaft, besonnesch d'klengt Handwierk, kënn dat dote wat mer maachen net gutt un. Dat soll keng Ursach sinn, fir et net ze maachen. Mer maachen et, mä et muss ee wëssen, dass dat heiten dobaussen aneschtters kommentéiert gétt. An ech hunn dat jo och selwer gutt erfuer, mat deenen Diskussiounen, déi ech mam Patronat hat; dat ass net nëmmen al Ideologie déi kënn. Et sinn och Leit do, déi manifest Angscht hunn, d'Wirtschaft, respektiv hir Betriber, kéinten heidrënnen leiden.

Mir hunn eng ganz Partie vun Iwwerleeunge gemaach, Zuelematerial zesummegesammelt, fir ze soen, dass dat makroekonomesch bestëmmt net de Fall ass. Ech kann awer kengem falsch maachen, dee mer seet: Lauschter, ech hunn e Betrib vu sechs Leit, déi mam Mindestloun bezuelt ginn a fir mech ass de Méikäschtepunkt net 0,21%, well jo dann och nach d'Charges patronales derbäi kommen, mä iwwer 3,5%. Dat muss een einfach wëssen, an et muss een och wëssen, dass dat heiten eng Mesure ass, déi haapt-sächlech d'Wirtschaft dobausse muss bezuelen, ier de Stat bezilt.

Ech wëll och hei vun der Geleeënheet profitéieren, fir mech ze entschëllege fir e klenge Feeler, deen am Exposé des motifs ass. Ech soen dat hei zwar elo net als Entschëllegung, mä, vu dass ech e klenge Staff vu Leit hunn, war ech drop ugewisen - déi Woch wou ech och hu missten am Stress dee Projet de loi fäerdeg maachen an deponeieren, a fir dann net méi Zäit ze verléieren, wéi mer der scho verluer haten -, dass ech dee Projet de loi selwer geschriwwen hunn an dann och selwer geklappt hunn. An do wou ech de Käschtepunkt fir d'Privatwirtschaft geschriwwen hunn, ass eng 4 verluer gaangen; dat sinn nämlech net «2 millions», mä «24 millions».

Ech soen lech och nach eng Kéier d'Rechnung, wéi ech se gemaach hunn. De Mindestloun geet pro Mount ëm 46,27 Euro an d'Luucht,...

#### (Interruption)

...ech hunn 12,5% Soziallaschten, dat sinn déi normal fir d'Aarbechter. D'Privatbeamte sinn der manner, mä dofir hunn ech d'Assurance-accidents-Käschten net mat berechent. An ech hunn dat mat 37.020 Leit multipléiert. Dat gétt net grad 2 Milliounen Euro de Mount a 24 Milliounen Euro am Joer; an do ass déi 4 déi feelt. Voilà. An dat wëll ech dann hei richtstellen, an ech hoffen, dass Der mer do net nodroend sidd, dass ech mech do verklappt hunn.



**(Brouhaha général)**

Eng Remarque, op déi ech awer nach wëll agoen, déi och schonn hei oft gesot ginn ass, dat ass, dass et eng ganz Partie Beräicher an der Wirtschaft gëtt wou natierlech de Mindestloun keng Roll spillt. Et gëtt dofir aner Beräicher, wou de Mindestloun schonn eng Roll spillt: Horesca a Commerce.

Richteg ass, wat den Här Lux gesot huet, dass dat Beräicher sinn, déi op Grond vun deene leschten Zifferen déi mer hunn - mä déi allerlescht hu mer net an ech weess net ob déi allerlescht nach esou gutt sinn -, Horesca a Commerce, Wirtschaftszweiger zu Lëtzebuerg sinn, déi Wuesstem hunn. Bei dem Horesca muss een allerdéngs déi Zuele vum éischte Semester 2002, déi Dir genannt hutt, Här Lux, mat Virsicht genéissen. Déi sinn nämlech gerechent par rapport zum zweete Semester 2001, wou d'Horesca awer ganz staark ënnert dem Abroch vum 11. September gelidden huet. Et war also schonn normal, dass am zweete Semester 2002 d'Horesca méi séier do erëm Wuesstem bäigeholl huet, wéi dat virdrun de Fall war.

Richteg ass, dass déi Secteuren, op Grond vun deene leschten Zifferen, gutt fonctionnéieren. Ech mengen, dat si Secteuren, wou och dauernd Leit gesicht ginn. Wat ee sech awer muss bewusst sinn, dat ass, dass déi Moossnamen, déi mer haut stëmmen, an ech huelen och dat Gesetz, wat mer nach am Laf vum Dag huelen, nämlech d'Aarbechtszäiteregeling am Horescaberäich, awer doudsécher do leie kënnen - do hunn déi zwou Beruffskummere Recht, dat ass richtig -, dass déi dozou féiere kënnen, dass d'Präisser an deem Secteur einfach an d'Luucht ginn. Dat muss mer eis bewusst sinn, besonnesch déi, déi gären iessen an drénke ginn.

Wat den Emploi ubelaangt, wou déi zwou Beruffskummere grouss Ängschen hunn, den Emploi géif zrëckgoen, deelen ech déi net. Engersäits: Wéi kann den Emploi zrëckgoen, wann de Mindestloun ze héich ass? Engersäits do-duerch, dass net qualifizéiert Aarbechten outgesourced ginn. An do mengen ech, dass d'Struktur vun der Wirtschaft esou ass, dass net elo nach zousätzlech Saachen outgesourced ginn.

Et ass evident, dat muss mer eis bewusst sinn, an dat huet awer fir mech näischt mat der Erhéijung vum Mindestloun ze dinn, mä et muss ee sech bewusst ginn, dass natierlech ëmmer erëm versicht gëtt, déi net qualifizéiert Aarbechtsplazen duerch Automatiséierung, duerch Informatiséierung einfach verschwannen ze doen. Déi Zukunft geet weider, dat heescht Leit, déi keng Qualifizéierung hunn, hunn et an Zukunft nach méi schwéier, fir Aarbechtsplazen ze fannen, well déi Aarbechtsplaze verschwannen.

Ech mengen awer net, dass d'Erhéijung vum Mindestloun selwer hei elo géif, vun haut op muer, Aarbechtsplaze verschwannen doen. An dat, wat ee ka vun auslänneschen Etüde liesen, seet eis och dass dat net esou de Fall ass.

Drëtt Remarque: Fir eis huet de Mindestloun e Grondwäert, nämlech deen, dass d'Aarbecht net nëmme Fonctioun ass vun Offer an Demande um Aarbechtsmaart, mä eng Aarbecht muss e minimalen absolute Wäert hunn, deen doriwwer läit. An do si mer och als Regierung fundamental géint der Chambre de Commerce a géint der Chambre des Métiers hire gemeinsamen Avis, deen dat a Fro stellt. Dat ass jo do, wou eisen Exposé des motifs am meeschten ugegraff gëtt. Mä dat ass esou, de Mindestloun steet driwwer.

A Lëtzebuerg ass net midd ginn, a gëtt och an Zukunft net midd, dofir ze kämpfen, dass mir iwwerall an Europa sollen déi Mindestloun kréien. Déi Mindestloun müssen a jiddfer Land ugepasst sinn.

Ech kommen op eise Mindestloun zrëck. Eise Mindestloun ass deen héchste vun alle Mindestloun an Europa. Wann ech dann - an ech kommen nach eng Kéier dorop zrëck - de Verglach huele vun der Héicht vun eise Mindestloun par rapport zu den allgemenge Léin, dann ass natierlech eise relativ niddereg an Europa. Also alles ass do relativ. Mir kämpfen och an Zukunft weider drëm, dass all Land e Mindestloun huet.

Mir sinn dogéint, dass ee seet: Beim Mindestloun gëtt nëmmen d'Produktivitéit gekuckt, a wann e muss falen, da fällt en erof. An dann ass et nach just un der Ëmverdeelungspolitik, un der Sozialpolitik fir do nom Rechten ze kucken an dat ass eng Philosophie, mat där wäert ech mech mäi Liewe laang net ufrënnen. An ech wäert mäi Liewe laang fir dat kämpfen, wat ech hei gesot hunn.

Da kommen ech op de Punkt vun der Valeur absolue vum Mindestloun. Mir sinn eis all eens, fir ze soen, de Mindestloun ass eng Valeur. Mä fir se dann ze chiffrieren, ginn d'Meenunge selbstverständlech ausereneen. Mir hunn am Exposé des motifs geschriwwen, dass ee sech soll Gedanke maachen, wéi de Mindestloun sech soll positionéiere par rapport zu - sécher - der Produktivitéit, mä net nëmmen der Produktivitéit, och par rapport zu dem mëttleren Akommen a par rapport zur Aarmutts-grenz. Eng Aarmutts-grenz, déi no den europäesche Standarde 40% vum Mëttelakkomm ausmécht.

Wann ech déi Tabell, déi mer och am Exposé des motifs zitéiert hunn, huelen, wat eng Tabell ass aus dem Buch 'Tarifpolitik in Europa 2001-2002' vum WSI aus Däitschland, déi seet, dass a Frankräich de Mindestloun am Joer 2000 49% ausgemaach huet vum Salaire moyen, an England 37%, zu Lëtzebuerg 42%, an Holland 44%, a Portugal 57%, a Spuenien 34%, an der Belsch 39% an a Griichenland 41%, da leie mir also do zimlech an der Mëtt. Mä dat ass eng Zuel, wou ee gesäit, dass een net eleng déi Zuel kann huele vun der absoluter Héicht vun eise Mindestloun.

Mir hunn och dofir an der Regierung virgeschloen, a mir sinn eis och am Kader vun der leschter Tripartite an deem do Sënn eens ginn, dass d'Regierung dat mécht, wat de CES a sengem Avis iwwert d'Roll vum Stat virgeschloen huet. Nämlech eng Etüd iwwert de Mindestloun a seng Effeten op den Emploi.

An zwar soll déi Etüd engersäits kucke wat de Mindestloun bei der Distributioun vun de Gehälter bewierkt, a beim Revenu disponible vun de Stéit. An an engem zweeten Element soll dee Rapport studéieren, wéi de Mindestloun sech op d'Kompetitivitéit vun der Wirtschaft an och op den Aarbechtsmaart auswierkt. An do geet et ebe mat de makroekonomesche Studien, déi mer well gemaach hunn, net duer; et muss een och déi mikroekonomesch Studie kënnen maachen. Et muss ee kënnen a Betriber Fallbeispiller maachen; an dofir brauche mer och déi Centrale des bilans, e Projet dee jo och um gudde Wee ass.

Fënneft Remarque, an do soen ech eppes wat hei den Här Bettendorf gesot huet: Mindestlounpolitik ass keng Familljepolitik. An ech wëll drun erënneren, dass mer 1994 hei - an ech menge mir waren unanime - de Mindestloun, fir Familljen, Päpp oder Mammen, ofgeschaaft hunn, just aus deem Grond, well mer gesot hunn: Lounpolitik ass Lounpolitik, a keng Familljepolitik. D'Mindestlounpolitik huet eng Auswierkung op d'Sozialpolitik, a kann och eng Auswierkung op d'Familljepolitik hunn, a si soll och an deem Feld gekuckt ginn. Mä Mindestlounpolitik kann net eleng Sozialpolitik sinn a kann net eleng Familljepolitik sinn.

An dofir muss een och ëmmer erëm rechnen, well wann een déi Zifferen hält - ech mengen déi Beispiller vum Här Lux a vum Här Jaerling, ware ganz plastesch, ech kennen där do och ganz vill - muss een natierlech och, wann ee rechent, een Eenzelnen huelen, a keng Famill. Well an der Famill komme mer an d'Ëmverdeelungspolitik dran. Mir sinn e Land, wat ganz vill Wäert op d'Ëmverdeelungspolitik leet. An och an Zukunft wäerte mer déi Ëmverdeelungspolitik analyséieren, mä mir mussen eng eenzel Persoun kucken. An do muss een de Mindestloun ëmmer par rapport zum RMG kucken.

Den RMG huet u sech déi Fonctioun, fir ze soen, wat ee mindestens brauch. An dat ass eng Fro, déi een dann och eng Kéier muss diskutéieren. Ass den RMG héich genuch oder net? Mä ech wëllt awer drun erënneren, dass, wéi viru 15 Joer den RMG agefouert gouf, Studien iwwert d'absolut Héicht wat en RMG sollt hu gemaach gi sinn.

Mä déi Diskussioun sinn ech gäre bereet ze féieren, eben am Kader vun deenen Etüden, déi nach ausstinn. Mir hunn dann och eng Etüd vum CEPS iwwert d'Ëmverdeelungspolitik bei de Familljen, déi u sech no där RWI-Etüd kënnt, iwwert déi ech effektiv ganz vill Kapitelen a mengem Budgetsrapport deemools geschriwwen hat.

Déi heiten Etüd vum CEPS stellt zum Beispill fest, dass bei deene wierklech aarme Famille 60% vun de Kannerlaaschten erëm duerch eise Ëmverdeelungspolitik kompenséiert gëtt. Déi Etüd seet awer och, dass et verschidde Leit am Land gëtt, déi u sech duerch d'Ëmverdeelungspolitik en negatiivt Geschäft maachen. Also wou et net null bleift, mä déi wierklech méi an d'Keess vum Stat bezuelen, wéi se iwwert d'Ëmverdeelung erauskréien.

Déi Etüd wäert also och deemnächst diskutéiert ginn. An dann ass et esou, dass d'Privatbeamtekummer amgaang ass eng Etüd ze maachen iwwert den Impôt négatif. An et ass och am Impôt négatif, wou mer och op déi dote Froen zrëckkommen.

Iwwregens huet d'Privatbeamtekummer - also d'CES ass amgaang déi Etüd ze maachen - an hirem Avis, dee se hei zum Projet ofginn huet, drun erënnet, dass si déi éischt waren, déi dat doten thematiséiert hunn. An ech wëll hinnen och dofir hei dee Luef ginn, dee se verdéngen.

Nach eng Kéier: D'Mindestlounpolitik ass keng Familljepolitik, dofir ka se och net mat der Steierpolitik an deem Sënn verglach ginn.

Sechst Remarque: E Mindestloun fir Qualifizierter, dozou wëll ech just ee Wuert soen. Et ass net esou, dass ausserhalb vum Stat, vum öffentlechen Déngscht, déi Leit, déi Handwierker sinn, nëmmen Hongerlëin hätten. Et gëtt och am Handwerk verdéngt. Et kann ee sech och mat engem Meeschterdiplom selbststänneg maachen. Et gëtt schrecklech vill Industriebetriber, déi Handwierker sichen, déi Handwierker no Kollektivvertrag bezuelen, déi dauernd Problemer hunn Handwierker ze fannen. Ech wëll net pauschal iwwer d'Handwerk esou schwätzen.

Wat richtig ass, dat ass, dass natierlech e Jonken, dee sech fir d'Handwerk entscheet, deen dann tëschent 15 an 18 Joer huet, net kuckt, wat en herno verdéngt, dee kuckt an deem Moment d'Indemnité d'apprentissage. Dee kann effektiv verleet ginn, fir léiwer schafen ze goe fir de Mindestloun wéi d'Indemnité d'apprentissage unzehuelen. A mir stellen och fest - mir hu jo zënter zwee Joer den Apprentissage des adultes - dass

mer do eng ganz grouss Nofro hunn, well do kréien d'Leit jo de Mindestloun. Dat ass fir mech eng reell Diskussioun, an et ass dem Här Clement seng Lieblingsdiskussion. En huet se schonn oft genuch an deemem Haus ugefaangen. Doriwwer si mer bereet ze diskutéieren, mä et soll een net hei pauschal virgoen.

Da meng siwint a lescht Remarque: Dat ass déi vun der Proposition de loi Lux. Ech mengen, mir hunn dat gemaach, wouzou d'Motioun eis opgefuerdert huet. Mir hunn d'Argumenter vun der Proposition de loi Lux analyséiert. Mir kommen natierlech zu enger anerer Schlussfolgerung wéi den Auteur, mä mir hunn dat gekuckt. Virun allem hu mer dat vun de Steieren nogekuckt.

Ech wëll mech elo hei net driwwer eräifere, a wat fir engem Exposé des motifs dat scho stong. An deem leschte Projet de loi, deen hei deponéiert gouf virun zwee Joer, stong dat och dran. Dofir streiden ech dat net of, dass mer dat esou gesot hunn. Ech soe just, mir hunn eis hei dës Kéier d'Méi gemaach, fir mat Berechnungsmodeller vun der Steierverwaltung dat nozevollzéien, an och gedanklech nozevollzéien. Mir sinn awer haut der Meenung, dass een net de Mindestloun kann huelen, fir do ze kompenséieren, wou Familljen net vu Steierreduktiounen kënnen profitéieren. Dat ass Ëmverdeelungspolitik, dat kann net d'Lounpolitik maachen. Dat ass dat, wat mer och hei solle wëssen an dofir solle mer déi Weeër goen.

Ech gesinn dat net esou wéi den Här Bausch, dass mer hei zynesch wären an net géifen op aner Weeër goen. Déi Etüde kommen. Déi ginn diskutéiert. Wat natierlech ass, wa mer an Zukunft solle méi enk, a mussen méi enk wirtschaften, da soll een net nëmme schwätzen, wat ee ka vun neie Moossname schafen, da soll een och d'Effikasitéit vun ale Moossnamen a Fro stellen. Dat ass eng Saach, déi mer och doudsécher no deenen Etüde wäerte maachen, fir iwwer d'Ëmverdeelungsmechanismen zu Lëtzebuerg ze debattéieren. Do fannt Dir iwwregens an der RWI-Etüd och schonn Unhaltspunkte, fir ze froen, ob alles effikass ass, wat mer maachen?

An dann d'Fro: Kënnen mer net aneschtlers ëmverdeele bei gläichgestalltem Budget? Dat ass net dem Aarbechtsminister seng Aufgabe. Ech soen lech just, dass mer awer net solle mengen, d'Regierung géif elo hei iwwerhaapt näischt diskutéieren. D'Regierung géif hei Zynismus maachen. Dat ass net esou. An déi Etüden, déi ech hei ugekënnegt hunn, déi mer elo wëllen an Optrag ginn als Regierung op Wonsch vun dem Wirtschafts- a Sozialrot, déi wäerte mer maachen. Mir wäerten an zwee Joer, doudsécher eng Diskussioun hei kréien, wou mer nach kënnen méi an den Detail goen.

Merci.

**M. le Président.-** D'Diskussion ass ofgeschloss a mir kommen elo zur Lecture vun den Articlele vum Projet de loi 5053 a stëmmen driwwer of.

**Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)**

Den Artikel 1 ass gelies.

Mir si mat engem Amendement 1 vum Här Lux zum Artikel 1 saiséiert. Deen Amendement läit schrëftlech vir an ass explizéiert ginn. Mir kënnen also direkt driwwer ofstëmmen.

**Vote**

Déi fir den Amendement 1 sinn, stëmmen mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalen sech.

Den Amendement ass ofgelehnt mat 39 Nee-Stëmmen, 19 Jo-Stëmmen an 2 Enthaltungen.

*Ont voté oui:* MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Mars Di Bartolomeo), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jeannot Krecké), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

*MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss (par M. François Bausch) et Mme Renée Wagener;*

*M. Serge Urbany.*

*Ont voté non:* MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Jean-Marie Halsdorf), MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

*Mme Simone Beissel (par M. Jeannot Belling), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Marco Schroell), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Gusty Graas), Mme Maggy Nagel (par M. John Schummer), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Gast Gibéryen (par M. Fernand Greisen), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Aly Jaerling).*

*Se sont abstenus:* MM. Jean Colombero et Aly Jaerling.

Den Artikel 1 ass an där Fassung ugehall, wéi vun der Kommissioun proposéiert.

Den Artikel 2 ass gelies an ugehall.

Mir stëmmen elo iwwert de ganze Gesetzesprojet of.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

Déi fir de Projet sinn, stëmmen mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi ass unanime mat 60 Stëmmen ugehall.

*Ont voté oui:* MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Laurent Mosar), MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

*Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Marco Schroell), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Théo Stendebach), Mme Maggy Nagel (par M. John Schummer), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Mars Di Bartolomeo), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jeannot Krecké), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen (par M. Aly Jaerling), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Fernand Greisen);*

*MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss (par M. François Bausch) et Mme Renée Wagener;*

*M. Serge Urbany.*



Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

**(Assentiment)**

Et ass esou décidéiert.

Mir kéimen dann elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4694, d'Ëmsetzung vum enger Direktiv iwwer den Détachement de travailleurs. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluegt. Et sinn ageschriwwen: déi Hären Zanussi, Bettel, Jaerling, Bausch an Urbany. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Marcel Glesener.

**4. 4694 - Projet de loi portant**

**1. transposition de la directive 96/71/CE du Parlement européen et du Conseil du 16 décembre 1996 concernant le détachement de travailleurs effectué dans le cadre d'une prestation de services;**

**2. réglementation du contrôle de l'application du droit du travail**

**Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi**

M. Marcel Glesener (CSV), *rapporteur*.- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, ech versiche mech ganz kuerz ze faassen, well am Detail alles am schrëftleche Rapport drasteet a jiddferen, dee sech interesséiert, kann dat dann och ganz genau noliesen.

D'Zilsetzung vum der Direktiv iwwert den Détachement vun Aarbechter, op Lëtzebuergesch nenne mer se Entsanderichtlinn, déi sinn am Rumm vum der Fräizüegekeet a vun der Gläichheet vun allen EU-Bierger am EU-Raum fir déi Arbeitnehmer, déi net an hirem Heemechtsland schaffen, mä an deem Land, wou se schaffen, gültig aarbechtsrechtlech Bestëmmungen ze garantéieren an dass och deen entspreche Loun, sief dat dee gesetzlechen oder dee kollektivvertraglechen, ugewannt gëtt. Doriwwer eraus verhénnert d'Uwendung vun dëser Direktiv onloyal Konkurrenz- a Wettbewerbsstëierungen tëschent deene verschidde Betriber an deem eenzelne Land, an och am europäesche Raum.

Dann huet des Weideren d'Uwendung vun dëser Direktiv positiv Auswirkungen op den Aarbechtsmaart, virun allem an der Bekämpfung vun der Aarbechtslosegkeet. Si ass och e wichtegt Element an der Bekämpfung vun der Schwaarzaarbecht. Hir Uwendung, hir Transpositioun an d'nationaalt Recht, souwuel fir déi Arbeitnehmer, déi hei zu Lëtzebuerg Residente sinn, wéi fir déi, déi aus dem Ausland heihinner schaffe kommen, wéi och fir d'Lëtzeburger Betriber, huet wesentlech Verbesserunge a vill méi Sécherheet zur Folleg. Ze bemerken ass, dass mer schonn 1995, also zu engem Zäitpunkt, wou dës Direktiv nach am Stadium vun EU-Berodunge war, Dealer dervun an eis Gesetzesaarbecht um Niveau vun der Berufsausbildung transposéiert hunn. Elo geet et drëm, fir och de Rescht dervun ze transposéieren.

Bei dëser Geleeënheet maache mer een zousätzleche Schrëtt, deen iwwer dat, wat mer mussen maachen op Grond vun där Direktiv, erausgeet: Mir erweideren den Uwendungsberäich hei zu Lëtzebuerg. Deen ass an Zukunft net nëmme bindend fir d'Déngschtleeschungsbetriber an d'Konstruktionsbetriber, mä ass bindend fir sämtlech Betriber hei zu Lëtzebuerg, an dafir hate mer och divergent Avis vum deenen zwou Patronatschamberen. D'Chambre de Commerce hat do Bedenken, dass mer den Uwendungsberäich ausdehnen, mä d'Chambre des

Métiers war der Meenung, dass dat schonn eng gutt Saach wier. Mir waren an der Kommissioun der Meenung, dass d'Regierung scho gutt géif handeln, fir all Schwierigkeeten an deloyal Konkurrenzproblemer aus der Welt ze schaffen an den Uwendungsberäich ausdehnen.

Doriwwer eraus hu mer ee weidere Schrëtt gemaach, nämlech, dat mer och adequat Kontrollméiglechkeeten hei zu Lëtzebuerg schaffe wollten, fir datt dëst Gesetz, wat elo Gesetz gëtt, keen eidele Buschtaf soll bleiwen.

Voilà, Kolleeginnen a Kolleegen, dat sinn also déi wesentlech Zilsetzung vum dësem wichtige Projet hei zu Lëtzebuerg, an esou gëtt dat och vun de Sozialpartner hei zu Lëtzebuerg gesinn. De virleiende Projet huet den Aarbechtsminister de 14. August 2000 déposéiert. Nodeems de leschten Avis vun de Berufschamberen den 1. März 2001 virloong, huet de Statsrot säin éischten Avis den 19. Januar 2002 ofginn. Ee Joer laang huet de Statsrot bal gebraucht, fir deen Avis ofzeginn. Dat beweist, wéi komplizéiert d'Uwendung vun dëser Direktiv ass. An domat wollt ech absolut hei keng Kritik vis-à-vis vum Statsrot ausüben, mä et ass effektiv d'Konsequenz dovun, datt déi Direktiv esou déif an eist Aarbechtsrecht agräift, datt et relativ komplizéiert war, fir net a Contradictioun mat anere Gesetzter hei ze kommen.

Nodeems de Statsrot also säin Avis - den éischten Avis - den 19. Januar 2002 ofginn huet, huet eis Kommissioun den 18. Abrëll dëst Joer hir Aarbecht opgeholl. Den Detail vun deene Berodungen, den Inhalt vun den Avisé vum de Berufschamberen, dee fannt Der beschriwwen am Detail, wéi ech gesot hunn, a mengem schrëftleche Rapport.

Eng Rei vun Amendementer huet d'Kommissioun décidéiert, virun allem och opgrond vun enger Opposition formelle vum Statsrot, dat am Kontext vun engem geplangten Ausbau vum Kontrollberäich vun der Gewerbeinspektioun, och an deem Kontext, mat beabsichtigten neie Sanctiounen, wa géint dee Projet géif zuwider gehandelt ginn. De Statsrot hat eng Rei formell Bedenken, op déi ech elo am Detail net méi wëll agoen, Dir fannt déi am Bericht. Mir waren der Meenung fir dem Statsrot nozeginn an eis unzeschleissen un dat wat de Statsrot zum Ausdrock bruecht huet, an deementspreechend hu mer och de Projet iwwert d'Kontrollméiglechkeeten an d'Attributiounen vun der Gewerbeinspektioun ofgeännert an ofgeschwächt. Och dat, Kolleeginnen an Kolleegen, opgrond vun der Tatsaach, datt den Aarbechtsminister amgang ass, definitiv an endlech, nodeems schonn iwwer zéng Joer verlaangt ass, géint d'Gewerbeinspektioun ze reforméieren a scho Reformprojeten an den Tiräng vum Aarbechtsministère louchen, scho virun zéng Joer, endlech elo konkret un engem Reformprojet vun der Gewerbeinspektioun ze schaffen.

Verschidde Kolleegen hu sech och bei der Ofstëmmung vun deem virleiende Projet enthalten. Net well se formal Bedenken hate vis-à-vis vum Inhalt vun dësem Projet, mä well se fäerten, an dat net zu Onrecht, datt d'Kontrollen, well d'ITM nach net reforméiert ass, ongenügend bleiwen, an der Applicatioun vun dësem Projet. Dat war d'Ursach, firwat verschidde Kolleegen sech enthalten hu beim Vote an de Kommissiounen. An dëse Bedenken, dee kann een novollzéien.

Elo wësse mer awer, datt dës Problemer, déi mer gesinn hunn, an déi mer elo net konnten an de Gesetzesprojet abannen, bei der Reform vun der Gewerbeinspektioun geléist solle ginn. Mir wëssen, datt d'Regierung beim BIT een Audit an Opdrag ginn huet, fir eis Gewerbeinspektioun ze reforméieren. Mir wëssen och, datt deen Audit ofge-

schloss ass. An esou, wéi mer ofgemaach hunn, wäert den Aarbechtsminister de 14. Januar dat nächst Joer an eis Kommissioun kommen, mat den Expäre vum BIT, wou se eis déi Etüd an déi Propositione wäerte virleeën. Dëse Rapport vum BIT, dee wäert dann och d'Grondlag si vun engem Reformprojet. Ech hoffen, datt den Aarbechtsminister eis dëse Reformprojet nach am Laf vum nächste Joer virleeën kann, an esou, datt mer mat Sécherheet dann och déi endlech noutwendeg an iwwerfällig Reform vun der Gewerbeinspektioun nach an dëser Legislatur kënnen zu engem Ofschluss bréngen.

Voilà, Kolleeginnen a Kolleegen, dat war, wat ech mengem schrëftleche Bericht wollt unhänken. Als President vun eiser Kommissioun soen ech alle Kolleegen fir hir Mataarbecht merci. Datselwecht gëllt och fir den Aarbechtsminister, virun allem och fir seng Mataarbechter. De Statsrot sief och eng Kéier gelueft fir seng prompt Kollaboratioun. Dem Sekretär vun der Chamber, och meng Mataarbechter an der Fraktioun e Merci. Et war wierklech ee komplizéiert Projet, mat villen techneschen Detailler aus dem an ëm d'Aarbechtsrecht. Am Numm vun der zoustänneger Kommissioun Aarbecht a Beschäftigung bidden ech dann ofschléissend d'Chamber ëm eng breet Zoustëmmung zu dësem Projet de loi.

Ech soen Iech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als éischte Riedner ass den Här Marc Zanussi agedroen. Den Här Zanussi huet d'Wuert.

**Discussion générale**

M. Marc Zanussi (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat deem Projet de loi, dee mer haut diskutéieren, gëtt eng Direktiv ëmgesat, déi fir d'Lounempfänger, déi ënnert dës Direktiv falen, ganz positiv ass. Mat dësem Text ginn d'Rechter vun deene Leit verbessert, a besonnesch ginn d'Situatiounen am Beräich vun den Aarbechtskonditiounen fir si och besser wéi se virdru waren.

An engem ëmmer méi liberaliséierten a groussen Europa kritt een Text wéi deen heiten eng ëmmer méi grouss Bedeitung. Wann ee weess, dass d'Zuel vun deene Leit, déi iwwer Détachement an engem anere Land schaffen, ëmmer méi grouss gëtt, huet dësen Text ouni Zweifel eng wichteg Bedeitung fir dat Personal, wat betrëff gëtt. Wann am Zesummenhang mat Europa ëmmer erëm vum sozialen Europa geschwat gëtt, dann, mengen ech, ass dat heiten ee positivt Beispill, dat een an deem doten Zesummenhang kann ervirsträichen, ee wichtige Meilesteen a Richtung vu verbesserte gesetzleche Bestëmmungen fir alleguerten déi Leit, déi am Kader vun der europäescher Gemeinschaft détachéiert an anere Länner schaffen.

Fir Lëtzebuerg huet dës Direktiv, an dëst Gesetz, natierlech eng ganz speziell Bedeitung. Duerch d'Klengheet vun eise Land ass et eng Evidenz, dass d'Entreprise, déi hei zu Lëtzebuerg etabléiert sinn, oft mat der Konkurrenzsituatioun vun aneren Entrepreneuren aus dem Ausland konfrontéiert sinn. Dat Wuert Sozialdumping ass a sämtleche Rapporten, a sämtleche Commentairen zu dësem Text praktesch all Kéier erëmkomm. Et ass an der Kommissioun och oft doriwwer geschwat ginn. Et gesäit een och, dass dat an de Rapporten vun de Berufschamberen eng Realitéit ass. Mir hunn a rezenter Vergaangenheet jo och hei am

Land gesi wat de Sozialdumping heescht a wéi e vun auslänneschen Entrepreneuren hei am Land och provoziert ginn ass. An den Avisé liest een awer och ganz kloer, dass d'Zuel vun de Leit, déi iwwert Détachement hei zu Lëtzebuerg schaffen, am Laf vun deene leschte Jore permanent an d'Luucht gaangen ass, besonnesch an de Beräicher vum Bau, vum Génie civil a vun den techneschen Installatiounen.

Et ass scho bemierkenswäert ze erkennen, dass, wann et 1990 nach 13% vum Chiffre d'affaires aus deem Secteur waren, déi vun auslänneschen Entrepreneuren ofgedeckt gi sinn, esou waren et der 1999 schonn 20%. Dat ass ee beträchtlechen Undeel. D'Ursachen dafir si bekannt, leien awer och zum Deel doranner, dass et hei zu Lëtzebuerg keng iwwerméisseg protektionistesche Moossname gëtt, wéi et se zum Beispill an anere Länner gëtt am Beräich vun den administrativen Bestëmmungen. Déi gëtt et hei net. Dafir mengen ech, dass deen Text, esou wéi en elo virläit, fir déi Leit, déi vun auslänneschen Entrepreneuren hei op Lëtzebuerg détachéiert sinn, eng gutt Saach ass.

D'territorial Applicabilitéit gëtt mat dësem Text zu engem groussen Deel ofgeschaaft. Dat heescht, dass hei zu Lëtzebuerg alleguerten déi Elementer vum Aarbechtsrecht, déi d'ordre public sinn, applizéiert ginn. Dat spilt zum Beispill an der Fro vum Mindestloun, an der Fro vun der Congéssituatioun.

Wa mer haut de Moien hei iwwert d'Erhéijung vum Mindestloun diskutéiert hunn an onglécklecherweis d'Majoritéit awer net de Propositionen vum Lucien Lux nokomm ass, esou muss een dach soen, dass déi Leit, déi ënnert dat heite Gesetz falen, och vun deenen Dispositiounen, déi mer haut de Moien hei bestëmmt hunn, profitéieren kënnen.

Dëst Gesetz, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, geet iwwert de Kader vun der Direktiv eraus, am Sënn vun der Protectioun fir d'Leit, déi dovunner betrëff sinn. Déi Direktiv baséiert op der Conventioun vu Roum vum Juni 1980. De Rapporteur Marcel Glesener ass a sengem schrëftleche Rapport, méi wéi a sengem mündleche Rapport, op d'Detailler vun deem Text hei agaangen. Hien huet et mündlech net méi gemaach, ech wäert et dann op dëser Plaz och selbstverständlech net nach eng Kéier maachen, well mer wierklech an der Kommissioun déi doten Diskussioun intensiv gefouert hunn.

Ech wëll vläicht just e puer Bemerkungen nach zu de Rapporten vun de Berufschamberen zu dësem Projet maachen. D'Berufschamberen, déi um Terrain oft mat der deloyal Konkurrenz aus dem Ausland konfrontéiert sinn an an hire Rapporten interessant Bemerkungen zu deem Projet hei gemaach hunn.

D'Chambre des Employés privés an och herno de Conseil d'Etat werfen zum Beispill déi Fro op, déi och an der Kommissioun diskutéiert ginn ass, wou ech bedauern, datt d'Iddi vun der Chambre des Employés privés net zréckbehale ginn ass, nämlech d'Tatsaach, dass d'Personal vun der Flossschëffaart an deem Text net berücksichtegt ginn ass, wou jidderen awer weess, deen dee Beräich do e bësse kennt, dass d'Personal vun der Flossschëffaart och net dat ass, wat déi allerbeschte Kollektivvertrag huet. De Personnel maritime dogéint ass iwwert d'Gesetz vum 9. November 1990 duerch spezifesch Dispositiounen ofgeséichert. Et ass bedauerlech, dass d'Personal vun der Flossschëffaart hei net berücksichtegt konnt ginn.

Am Avis vun der Chambre des Métiers gëtt vun de Kontrolle geschwat, déi noutwendeg sinn, fir dass dëst Gesetz iwwerhaupt e Sënn huet. Et gëtt och vun der in-

terministerieller Zesummenaarbecht geschwat, déi et an embryonaler Form gëtt, mä déi institutionaliséiert gi soll. De Rapporteur ass a sengem Rapport och op déi dote Fro agaangen. Ech denken, dass déi interministeriell Zesummenaarbecht wierklech e wichtegt Element ass, fir dat Gesetz hei och an der Praxis kënnen unzewenden, a fir dat Gesetz sengem Zweck kënnen zouzeféieren.

Interessant war et am Avis vun der Chambre de Commerce festzustellen, dass et do am Verglach zu der Chambre des Métiers, wéi den Här Glesener virdru gesot huet, eng ënnerschiddlech Opfaassung doriwwer gëtt, wéi dat Gesetz hei ausgeleucht soll ginn. D'Chambre de Commerce huet Problemer domadder, dass dëst Gesetz verallgemeinert gëtt op alleguer d'Secteur vun der Lëtzeburger Economie. D'Kommissioun, a mir och als Fraktioun, begreissen awer, dass d'Majoritéit mat op deen anere Wee gaangen ass, fir dat heiten ze verallgemeinere, well mir d'Meenung vertrieeden, dass dat eng Noutwendegkeet ass fir alleguer déi Leit, déi a sämtliche Secteuren vun der Economie heivunner betrëff sinn.

Am Avis vum Conseil d'Etat, dee mer kruten, waren eng ganz Rei vun Oppositionen formelles dran enthalten. D'Kommissioun huet deenen Oppositionen Rechnung gedroen. Dat Element, wat vum Conseil d'Etat ebenfals kritiséiert ginn ass, ass datselwecht Element, wéi bei der Privatbeamtenchamber, et ass dat vun der Flossschëffaart. D'Fro vum Officier de police judiciaire ass eng ganz quokelech Fro. Wat fir eng Leit hei am Land dee Statut do solle kréien ass eng Fro, déi mer och am Kader vun anere Gesetzter schonn diskutéiert hunn. Et schéngt mer wichteg ze sinn, dass déi dote Fro effektiv gekläert gëtt. Déi Fro vun de Kompetenzschwierigkeeten tëschent der Gewerbeinspektioun an der Douane ginn am Avis vum Conseil d'Etat opgeworf. Et schéngt mer och wichteg ze sinn, dass déi dote Kompetenzfroen am Kader vun der Reform vun der Gewerbeinspektioun gekläert ginn.

Eppes, wat awer am Avis vum Conseil d'Etat ganz interessant ass ze bemerken, ass d'Tatsaach, dass de Conseil d'Etat bemierkt, dass de Cumul vun de Peinen am Fong géint d'juristesche Grondprinzipie verstéisst. Hie mécht eng Opposition formelle am Zesummenhang mat deene Sanctiounen, déi kënnen ausgeschwat ginn. Dat ass eng Opposition formelle, déi mir als Fraktioun selbstverständlech speziell begreissen.

**(Coups de cloche de la Présidence)**

Mir wëllen awer drop hiweisen, dass déi Fro vum Cumul vun de Peinen och am Avis vum Conseil d'Etat zum Punktführerschäin undiskutéiert ginn ass. Mir bedauern am Fong e bësselchen, dass de Conseil d'Etat do net deeselwechte Courage hat, wéi dee Courage, deen hien hei hat, fir och deemools beim Punktführerschäin eng Opposition formelle ze maache vis-à-vis vun dem juristesche Prinzip vum Cumul vun de Peinen. Mä näischt verhénnert jo, dass ee sech op Grond vun den Diskussiounen a senge Positiounen nach eng Kéier kann op aneres besënnen.

Am Avis vum Conseil d'Etat gëtt awer och déi wichteg Fro ugeschwat vun der Reform vun der Gewerbeinspektioun. A wann de Marcel Glesener hei virdru vun de Kontrollinstanzen geschwat huet, déi virgesi sinn, ass et elementar wichteg, an dat ass zum Schluss vu senger Interventioun jo och ervirkomm, dass der Reform vun der Gewerbeinspektioun eng enorm grouss Bedeitung bäikënn, wa mer wierklech wëllen, dass dat Gesetz hei um Terrain soll gräfen. Doriwwer sinn alleguerten d'Partner, déi un dësem Gesetz bedeelegt waren, enger Meenung.